

# EIS SPROOCH

erausgi vun der Actioun Lëtzebuergesch

Nr. 1 / Nei Folleg / XI. Jor / 1972 / Präis 30 Fr.

## Wat dran as:

Rinnen Heng:	E Wuert virof	1
Kartheiser René:	Eis Sprooch	2
Roth Lex:	Woufir eng »Actioun Lëtzebuergesch«?	3
Rinnen Heng:	Viru 75 Jor	5
Schmit Emil:	100 Jor Renert	25
Milmeister Jean:	De blanne Mäerten	26
Kartheiser René:	D'Rutsch	28
Pütz Pol:	E modernt Lidd	29
Kremer Pir:	Maach d'Guckelcher zou	30
Reuland Will:	Den »Helikopeter«	31
Ludwig Lucien:	»Eis Sprooch« Lezebuech	33
Malané Ch.:	Haaptversammlong	35
::	Statute vun Actioun Lëtzebuergesch	37
Rinnen Heng:	Kamill Linden †	38
::	Wéi schreift ee Lëtzebuergesch?	39



C.M. Spoo (1837-1914)

# E Wuert virof

Et weess een eréisch, wat een un engem huet, wann en nüt méi do as. Sou as et mat de Leit, sou as et och mat den Zäitschrëften. Et denkt een do un d'*Jong-Hemecht*, déi de Vic. Neuens vun Esch-Uelzecht erausbruecht hat, un d'*Cahiers Luxembourgeois* an nüt fir d'lescht un »*Eis Sprooch*«. Déi lescht Nummer von »*Eis Sprooch*« koum 1962. Et sin zéng Jor! Zénterhier gët et keng reng Lëtzebuergesch méi. Bannt där Zäit huet sécher méi wéi engem eppes gefeelt, eppes Egenes, an et huet een eréisch an uecht geholl wéi néideg an intressant déi kleng Zäitschrëft wor. 'T huet een och dunn, a vill ze spéit, verstan, wat déi puer Leit geschafft a gewuddert haten an denen zéng Jor, wéi se sech geplot hun, ouni e Merci ze kréien —deen s' och nüt erwaart hun.

'T wor 1952 wéi »*Eis Sprooch*«, Veräinsblat fir alles wat Lëtzebuergesch as, gegrënnt gouf. En etlech Frénn vun eiser Sprooch hun sech e puermol begéint an no e puer Mësselen — énner aneren d'Schreifweis — wor et souwält. Am éische Comité wor: Président: Isi Comes, Éiereprofesser, Iechternach; Vizeprésident: Nik. Pletschette, Éiereschoulmeeschter, Rëmeleng; Sekretär a Redakter: Ferd Gremling, Schoulmeeschter, Réiden op der Kuer (Rodange); Caissier: Hary Trauffler, Éiereschoulmeeschter, Mamer; Membre: Lucien Ludwig, Versécherongsdirekter, Lëtzebuerg.

Et hätt ee geduecht, datt sou kuurz no dene battro Krichsjoren, wou d'Hemechtssprooch 1941, mat engem Feier sonnergläichen, op den Troun gehuewe gi wor, et nüt méi wéi natiirlich wir, wa vill Leit mat Begeeschterung derbäi gewiescht wiren, sech mat ugespaant a mat gezunn hätten.

E gutt Wuert, fënt e gudden Uert, heeschit et. D'Zäitschrëft huet wuel e gutt Wuert fond, den Uert, d'Membre blouwen dënn geséit. Wat war d'Ursaach? War den Intressi fort, wéi erém alles bal riicht gelaf as? Hat de Mouer säint gemaacht? Hätt misse méi Reklam sin, op d'Tromm geschlo gin?

Et waren elauter Leit un der Spëtz, déi ewell jorelaang virum Krich, am Krich, an nom Krich fir d'Lëtzebuergesch ganz vill Aier an Intressi haten. Mä heeschen a biedelen ze goen wor dach nüt hirer Saach. Vum Stat kruten si wuel eng Grëtz énner d'Ärem gegraff, e Subsid, awer d'Leit fir matzeschaffen a fir nozedrécken an ze stäippen, deer wornen nüt vill do. An et sin der am Laf vun de Joren èmmer manner gin. 1962 bloufen der nach ronn 60. A wéi dunn d'Fändelsdréier, een nom aneren ewechgestuerwe sin, du wor et no um Enn. Deen éischten, dee wechgefall as, wor de Jhemp Zanen (1953), dunn de Franz Binsfeld (1956), den Adolf Berens (1956), den Isi Comes (1960), den Nik Pletschette (1961) — den Hary Trauffler huet nach matgeschafft, wor awer nüt méi am Comité, en as den 15. 12. 1971 gestuerwen; a séng Platz koum de Jhemp Rosch — de Ferd Gremling as 1970 gestuerwen; de Jhemp Rosch an de Lucien Ludwig sin haut nach eleng vum Comité vu virun 20 Jor bliwwen. 1962 wor et eriwwer, wéinst Manktem u Schafferten, a wéinst Manktem u Membren. Dono as emol hei emol do, bei Geleenheet, dervu geschwat gi fir Eis Sprooch nees z'erwachsen. De fréiere Minister Grégoire, haut Châmberprésident, hätt et gär gesinn, den Här Blum, fréiere Minister an Ambassadeur zu Moskau huet désem an deem gefléift, fir erém unzefänken. D'Leit, déi ugesprach si gin, hu gezéckt.

Dat Gezécks huet gedauert bis zjor, 1971, an 1972 wcr en neie Comité do, deen et probéiert fir virunzefueren. Wat Eis Sprooch wollt as datselwecht, wéi dat, wat se haut och maache wëllt: dem Lëtzebuergeschen déngen.

Dat as awer némmen ze maachen, wann sech d'Leit derfir intresséieren an nüt némme mat enger Hand, mä mat zwou Hänn upaken an de Won hëllefend drécken an zéien. Jiddereen, dee gudde Wëllen huet as gär gesinn.

# Eis Sprooch

Sin et d'Koppen, d'Stécker, d'Bëscher,  
déi d'Leit maache wéi se sin,  
oder si mir duerch d'Gebräicher  
Lëtzebuerger Biirger gin?  
Jidderän, dee misst et spiren:  
Lëtzebuerg dat läit muer brooch,  
wa mir haut mussen entbieren  
d'Kraaft vun eiser Hämechtssprooch!  
Ech wääss, ech wääss, et gët gesot,  
eis Sprooch wir gutt fir an de Stot  
fir héich Gedanken, grouss Gefiller,  
do hätte mir keng richteg Biller.  
Souguer, wann dat sollt wouer sin,  
kann et dach näischt méi Schéines gin,  
wéi sech an d'Sprooch eranzeknéien  
an deer eis äge Blumme bléien.  
Franséisch an Däitsch däerf iech gefalen,  
mä wat dir musst an Éieren halen,  
dat as eis Sprooch . . . well si as d'Muerg  
vum klenge Ländche LETZEBUERG!

# Woufir eng »Actioun Lëtzebuergesch«?

De 27. November 1971 guf am Pôle-Nord »d'Actioun Lëtzebuergesch« offiziell gegrünnt. Et ware gutt iwwer honnert Leit do, déi sech fir eis Sprooch interesséieren. Bis deen Dag haten sech der och scho bal 300 beim provisoiresche Comité fir Mêmber aschreiwe gelooss. Mir hate keen décken Tamtam an den Zeitunge geschlon, dofir guf et dono och nüt vill Gedäisch. Zénterhier as eise Veräin ower gutt um Wudderent:

Am 75. Joer nom C.M. Spoo sénger feiereger Ried an der Chamber, 100 Joer nodeem dem Rodange säi Renert ènnert d'Leit gaang as, huet eng »Actioun Lëtzebuergesch« vläicht méi Wäert wi jemoools!

Mir iergeren äis, wann e schéint aalt Haus ofgerappt gët, fir enger Strooss Platz ze maachen; mir rose, wann eng Rëtsch Beem fir dëst oder dat èmgehäit gin; mir si schwäiwëll, wann een hiergelaftenen Hiirtechers-frippchen al Saachen a Miwwelstécker aus dem Land schleeft; mir entzannen äis vläicht, wann eng schéi Géigend mat Bettongknuppen oder Sonndeshaisercher verschampeléiert gët. Ville Leit din esou »Vandale-Geschichten« déck ... a bestëmmt mat Recht.

Eis Leit uewen un der Spëtzt hun an dene leschte Joren och scho vill gemaach, fir datt dat Geraibers an der Gewan an un den ale Saache soll op en Enn goen an esouguer soll säfteg geklaakt gin: och dat as ménger wärrech némme richteg!

An eiser Sprooch ower gët och èmgehäit, of-gerappt, verschampeléiert, gebruet, a gé-mësch a gefutscht a gefuscht. Och hei suergt eng Parti Frippercher dofir, datt an zwou Dose Joären näischt méi vun deer Sprooch Rescht bläift, déi mir haut schwätzen!

Dogéint as bis elo nach rosevéineg gemaach gin: Um Lëtzebuergeschen däärf jidderee sech erausloessen, jiddreen däärf et an den Eck drécken, et muss sech alles bidde loos-sen ... well eng Zort Leit sech et ze kamoud mécht, well anerer sech schummen an nach

anerer sech ze dichteg virkommen. Mir wëllen dach e »bessert« Lëtzebuergesch schwätze, wa mer eng »migraine« hun aplaz de Kapp wéi, wa mir mam »Maillot an d'Badanstalt« aplaz mat der Schwammbox an d'Schwämm gin. Eis Kënnnercher kommen an den Zeitungen zesoen all op franséisch op d'Welt; mir darf, wéi et schéngt némme méi op franséisch bestuet gin an och nach grad op däitsch oder franséisch stierwen; mir si méi dichteg a méi wichteg, wa mir »sin-cèrement condoléieren« oder »bonnes fêtes souhaitéieren«!

Mir sin esou op hausmaacher Saachen aus .. eis hausmaacher Sprooch geheie mer op d'Mësch. Mir stellen e schéint aalt Romppfaass an de Gank, kafe fir deiert Geld knubbleg Streckeisen, Taken an zerbélzte Kaffismillen ... an eis gutt al Sprooch as fir di meeschkt kee Paff mi wärt. Mir organiséieren englesch, russesch, franséisch, italiéinesch a portugisesch Léierowender ... a mir gin eise frieme Leit nach nüt emol eng Geleënheet fir eng Grimmel Lëtzebuergesch ze léieren; an dobei schwätze mer nach déck vun »Integratioun«. Eis Kanner solle Lëtzebuergesch an de Schoule léiren ... a mir kënnen hinnen an hire Léierpersounen nach nüt emol e Buch an d'Hand drécken. Um Programm vun denen éischte Kolléischsjore steet Lëtzebuergesch ... sin dann d'Kanner vun der »septième commune« ze topeg dofir? Plazeweis gët et esouguer aus dem Programm ge-strach (enseignement complémentaire) ... mir sollen eis schummen! Wann et den Ieselen zevill gutt geet ... Dat sin némmen en etlech Punkte vun deem, wat alles unzepake wir. Ech weess, datt dëst eng Iddi bësseg geroden as ... wien eng Antwort drop wëllt gi, soll eis seng Iddië roueg soen, mir si vrou fir all Hëllef ... ma mir loassen eis Sprooch nüt verhondsen, wéi dat bis elo op ville Plaze gemaach gët! Dofir brauchde mir eis nüt ze schummen! Mir nüt!

D»Actioun Lëtzebuergesch« gët garantéiert kee Fanatikerklippchen; nüt méi oder

manner wi d'Veräiner vun eisen Naturfrénn, de Käpperchessammler, de Jeér, de Féscher, de Sportsleit! Mir hun déck wélles, eiser Sprooch ze hellefen . . . wann dobäi heiansdo Knäll falen a ferm kritizéiert gët, soll dat ni perséinlech geholl gin, nüt géint eng Persoun, ma fir eng Saach. Wa mir fir d'Schreifweis vum Dictionnaire si, wéllt dat och nüt soe, mir gifen déi gär helleg maachen: mir müssen eis ower mat enger drugin, soss leeft eis d'Hong fort, derbaans mir eis fir e Gackelchen zermaulen! Et as ewell vill ze vill Zäit mat deem Gedeessems iwert d'Orthographie verkluddert gin . . . mir wéssen et: all Lëtzebuerger hätt gär séng, well dat as di bescht! Loosse mer dat dach eemol aus Respekt fir d'Saach begräifen!

Mir stellen eis nüt extra hannert en décke »Roude Léiw« an ziddren och nüt vun elauter patriotesche Gefiller . . . e gudde Patriot weist sech anescht wi mat dem Mond. Dat wéssen eis Frénn vun der Resistenz dach am beschten. Mir sin an dëser Fro nüt fir oder géint ee vun eisen Noperen, an e grousst Europa as eis esou leíf wi jidderengem, dee weess, wat dovun ofhänkt. An eise Statute steet ganz genee, datt keng Politik gemaach gët an och all Menonge respektéiert gin: Alles dat wäerd genuch si, fir ze weisen, datt et eis nämmen ém d'Sprooch geet, »mat deer eis Mammen eis an d'Liewen eragekësst hun« (C. M. Spoo).

Lex Roth, President

# Viru 75 Jor

Wéi den C. M. Spoo den 9. Dezember 1896 sou hardi wor, fir an der Chamber Létzebergesch ze schwätzen, du as et Spétakel gin. Dat sin elo 75 Jor. Zénterhier huet sech dach Muenches geännert. Deemols hat d'Létzebuergesch nach kee Recht an der Châmber an et wor do „wou héie Rang gehale gët“, wéi de Jacques Kintzelé an »Siwe Joffren um laange Muer« geschriwwen huet, vill manner ugesinn ewéi haut. Létzebuergesch gouf déi Zait ägentlech nüt fir eis Mammesprooch gesot, mä »Létzebuerg-Däitsch« odder alt »schlecht däitsch« an och kuurz »däitsch«. D'Wuert »Létzebuergesch« huet eréischt dee waarme Klank vu Locktem fir jidderee kritt, as méi a méi gebraucht gin an opkomm, no där Zait wéi d'Naziverwaltong d'Land gezwongan huet stëmmen ze goen: den 10. Oktober 1941 bei der »Personenstandsaufnahme«. Et wor där nudderträchteger hannerhéileger Fénnten eng vun de Gielemännercher mat där se beweise wollten, datt mir zum »Grossdeutschen tau-sendjährigen Reich« géife gehéieren, of mir et nu wéllten odder nüt. Deemoos, 1941, as némmen eng Parull duurch d'Land gaang: dräimol Létzebuergesch; bei: Staatsangehörigkeit, Volkszugehörigkeit a Muttersprache. Déi Parull as vun de Leit bal alleguer agehale gin an de »Gauleiter« musst d'Saach ofblossen. All däitsch-nazistesch Propaganda konnt näisch déngen, déi Propaganda, déi ewell laang virdrun ugesat hat. E »Rundbrief« vum 6. Juli 1940 »an die deutschbewussten Luxemburger« seet dat hei: „Deutsch ist Euer Name und Eure Art, deutsch ist Eure Sprache und Eure Sitte... Lüge ist das Gewäsch von der Existenz einer eigenen »létzeburgischen« Sprache, die nichts anders ist als die moselfränkische deutsche Mundart“. —

Et huet nüt gezunn. Den 10. Oktober 1941 wor de schéinstn Dag fir d'Létzebuergesch an de schéinste Ponkt a sénger Geschicht, wéi d'Leit hiren Dialet zur grousser Sprooch erhuewen, se klasséiert hun wéi aner Schrifft-sproochen.

Mä hannescht an d'Jor 1896 wéi den C. M. Spoo als »jongen« Dëpetéierten an der Châmber Létzebuergesch wollt schwätzen. Fir d'éischt: Wie wor den C.M. Spoo?

De Caspar Mathias Spoo as de 5. Januar 1837 zu Eechternach gebuer. Säi Papp, wor en Aarbechter an der Parzelläinsfabrek, séng Mamm huet en a jonge Jore verluer. En huet misse fir déi méi jong Geseschter mat-suergen esoubal ewéi et némme goung. Op Rouse gebett wor en nüt. No e puer Joer Kolléisch geet e fir d'éischt bei en Notär schaffen. D'Sue bréngt e getreilech sénger eelster Schwester, déi hien och grouss gezillt hat. Dono koum en an d'Post. En as awer nees ausgetratt, wéi säi Frénd, den Aendréi Duchscher, 1873/74 d'Eisegéisserei zu Wecker gegrënnt huet an e gefrot hat, fir bei hien ze kommen als Kontabel-Associé. Duurch e Méssel sin déi zwein auserneegroden an de Spoo huet ém 1890 déi Wecker Filial vun Esch Uelzecht op säin Numm iwwerholl. 1896 setzt en sech op fir an d'Châmber, an e gët als sozialisteschen Dëpetéierten äriicht gewielt. Hie wor e Mann vu 59 Jor, deen sech eropgeschafft an dobäi säi Geburtschäin keemoos verluer huet. Hie wousst émmer wéi et de klenge geplote Leit war a géif goen, wéi wéineg se nach matzebestëmmen hätten, kee Stëmmrecht haten asw. Hien as am Kär ee vun hinne bliwwen. E wousst och, datt vill Leit aus dem Land keen odder ganz wéineg franséisch géife wéssen a verston an doduurch nüt mat viru kéimen. Et wor fir hien eng Schmod, datt an der Létzebuerg Châmber némme franséisch an héidäitsch dierft geschwat gin. Dat wollt en änneren. En Äifer sonnergläichen hat en dofir, e Mann vu bal sechzag Jor wéi en an d'Châmber koum, mat enger Liewensaart an engem Kuraasch wéi keen zweten. Wéi e war, a wat fir e Charakter datt en hat, dat krut d'Châmber ewell an der éischter Sëtzung ze héieren an ze gesinn. Déi ganz Episod soll hei méi an den Eenzelheten opgezielt gin, wéi s' et an

de Bicher mat e puer Sätz ofgefärdegt muss gin.

Gläich wéi en den Eed sollt leeschten, den 10. November 1896, huet e gewise wat fir e Kapp datt en hätt. Et gounf dunn nach nüt ëm d'Sprooch, mä ëm den Eed. An der Verfassong stoung nach d'Formel: Je jure fidélité au Roi-Grand-Duc. De Präsident vun der Châmber hat awer den Eed virgelies sou wéi et de Gebrauch zénter kee Roi Grand-Duc méi do wor: Je jure fidélité au Grand-Duc. Dat as dem Spoo widder de Stréch gaang an en as lass gefuer: den Text misst ganz genee agehale gin... „wieder onse Präsident, nach d'ganz Kuemer, nach soss èmmescht am Land huet e Recht aus sech eraus an unni de gesetzleche Wee anzeschlogen den Art. 57 vun onser Constitutioun ze ännernen, an déi Eter déi an de leschte 6 Joren hei gedoe gouwen, si géint ons Verfassonk“... De Präsident ènnerbrecht en, fir en ze froen: „Här Spoo, wëllt Der den Eed leeschten oder nüt?“ Dorobber de Spoo: „Ech wëll méng Explikatiounen gin; a fénnef Minutte sin ech fäerdegt“. — Et rifft een: „Assez! Si tout le monde en faisait autant!“ De Spoo: „Ech fuere virun.“ Den Dëpetéiererten Hess: „Wann d'Châmber et erlaabt.“ An de Spoo fiirt virun. Am Enn vu sénger Ried seet en: „Ech maachen dee Protest elei, fir dermat ze beweisen, datt et am Èntresséi vum öffentleche Recht am Lëtzebuerger Land onbedéngt erfuerdert as, ons Constitutioun èmzeännernen a mat der Praxis, wéi se ausgeéift gët an Harmonie ze bréngen. Duerlaanscht duerfe mir ons nüt länger méi drécken a wann ons Dëputéierteplazen ons och nach esou léif wieren. Jo, jo, sou eng Dëputéierteplaz, dat muss e waremt Aschtche sin, datt een hir zou Léif d'Constitutioun vum Land iwwersi kann.“ — Du hat en dem Här an de Frack gegraff. De Spoo seet, datt bei där Revisioune och de leschten Ofsaz vum Art. 52 verschwanne misst „sou wäit en den Zensus betrëfft, an d'allgemeng Stëmmrecht an d'Plaz ze setzen“. De Kir-

nek muss 43 Mol eraus a, fir och den Art. 1 wouer ze maachen, muss d'Wielrecht fir gidfer uerdéckleche Lëtzebuerger némmen eemol eran, an da kënne mer All mat onser Constitutioun esou wäit zefridde sin. E puermol as dërtëschent »Assez, Assez!« geruff gin. Eng Députéierter hu gelaacht, aner protestéiert. De Prüm vu Clierf mengt: „Ce n'est pas sérieux.“ — Ob de Präsident him nun erlaabt huet den Eed op de Roi-Grand-Duc odder ob en en némmen op de Grand-Duc geiescht huet as nüt extra gesot. — Dat alles as op Lëtzebuergesch an op franséisch eroftgaang, ouni datt ee vun den aneren Hären eppes weider gesot hätt. Si wäerten däermoossen iwwerrompelt gewiescht sin, datt se nüt dru geduecht hu, fir eppes géint d'Sprooch ze soen. Dat wor awer nun nüt de Fall den 9. Dezember 1896 wéi den C.M. Spoo bei de Büdjheedebatte wollt schwätzen. Wollten se du all kontréieren? Hun se an der Zwëschenzäit eréischt an uecht geholl, wat fir eppes Ongewinntes geschitt wor? Si konnten sech et dach nüt bidde lossen, datt do en Unzéckert erakomm as, deen den hellege Gebrauch vum Franséischen an dem Däitsche Schmod sollt undin, an deem hellegen Haus vun der Natioun! Lëtzebuergesch schwätzen, Stëmmrecht fir jiddereen! Knaps hat de Spoo de Mond opgedoen a gesot: „Dir Hären“ — du gët en ewell vum Präsident Simons op franséisch ènnerbrach: „Voulez-vous permettre, M. Spoo, de vous interrompre un instant? Vous avez l'intention de parler dans l'idiome du pays, comme vous l'avez fait lors de la séance d'ouverture. — Beaucoup de membres de la chambre se sont adressés au Bureau et ont exprimé des doutes sur le point de savoir, si cette manière de s'exprimer était compatible avec le texte de la Constitution, qui porte, dans son art. 29 : „L'emploi des langues allemande et française est facultatif; l'usage n'en peut être limité.“ Beaucoup des hon. membres ont exprimé l'opinion que l'art. 29 de la Constitution, en parlant de la langue allemande, parle de la langue allemande

proprement dite, et non pas d'un idiome, d'une espèce de patois. Lorsque ces observations, que du reste, pour ma part, je partage, m'ont été faites, j'en ai saisi le Bureau, et le Bureau a été d'avis que la question devait être soumise à la Chambre. Je me suis adressé personnellement à l'hon. M. Spoo et je lui ai tenu à peu près ce langage : que M. Spoo en homme intelligent, comme tel, en homme de bonne compagnie, sachant certainement parler le français et aussi l'allemand, ferait peut-être bien de tenir compte de ce sentiment de ses collègues, qui ne désiraient pas voir introduire dans notre petit parlement l'usage d'un idiome qui, il faut le reconnaître, *n'est pas fait pour relever nos débats*. Je ne pense pas que jamais, dans aucun parlement du monde, on se soit avisé de parler une autre langue que la langue vraie de ce pays et non des idiomes . . ." Hei ännerbrécht de Spoo: „C'est justement ça, je veux parler la langue du pays." De Président duerop: „Vous voyez comme vous parlez bien le français (Hilarité)." — De Président fiirt da virun an zielt op, datt s' a Frankräich an der Châmber nimools Lottréngesch, Brétonesch, Marseiller, Gasconesch an nach vläicht aner Idiome géife schwätzen. Am däitsche Reichstag hätt och nach keemools en Dëpetéierte vu Kôln „se soit avisé de baragouiner le Colonial; comme d'autres non plus se seraient avisés d'y parler le »Plat«. Eist klenkt Parlament hätt déiselwecht Flichten wéi déi grouss Länner, déiselwecht schwéier, wichteg a kriddeleg Froen ze diskutéieren an ze léisen an da seet en: „Nous avons jusqu'ici, avec notre patriotisme, notre désir de bien faire, et disons-le bien aussi, avec notre intelligence, réussi à inspirer en Europe le respect de notre petite nationalité. Nous avons rempli toujours nos obligations internationales. Notre législation, nous pouvons le dire, est à la hauteur de celle des grands Etats qui nous entourent, et si nous sommes arrivés à cela, c'est que nous avons tenu, à nous prendre nous-mêmes au sérieux. Eh bien, Messieurs, je

suis d'avis, pour ma part personnellement, que l'introduction, dans notre parlement, de l'idiome du pays, n'est pas faite pour nous mettre à l'abri de certaines railleries. *J'ai déjà dit que si, dans cette enceinte, l'usage du patois luxembourgeois devait se généraliser, je crois que nos débats dégénéraient en des espèces de débats publics qui peuvent ne pas déparer l'enceinte d'un cabaret, mais qui, à mon avis, ne sont faits pour être produits dans un parlement.* — Il y a d'autres inconvénients, et ici je me place absolument sur le terrain constitutionnel. Jusqu'ici j'ai parlé convenances. La Constitution ne paraît pas même laisser de doute que c'est la langue allemande ou française qui doit être parlée ici. Où irions-nous si, sous prétexte de lui faire employer la langue allemande, on voulait forcer un huissier à instrumenter en luxembourgeois ? Où irions-nous si, en vertu de cet article de la Constitution et se prévalant de son prétendu droit de forcer un fonctionnaire public à se servir de la langue que les parties auraient le droit de choisir, l'allemand ou le français, on se présentait devant un notaire pour faire recevoir un acte en allemand luxembourgeois, langue qui, somme toute, n'a pas de grammaire, pas de règle, pas de vocabulaire, dont les mots présentent pour la majeure partie la racine allemande, mais qui est tellement entremêlée de mots étrangers que son caractère de langue écrite et de langue littéraire n'existe pas. — Messieurs, le bureau vous soumet la question. Pour ma part, j'ai exprimé mon sentiment comme je crois que c'était mon devoir ; mais, en tout cas, j'estime que la question mérite un examen très sérieux à tous les égards, et particulièrement au point de vue de la Constitution qui, selon moi, ne peut laisser le moindre doute que dans cette Chambre on doit parler allemand ou français."

Den éischten an der Diskussiouen as de Baron de Blochhausen. Ganz fréndlech as en. „Messieurs, comme un des anciens membres

de cette enceinte, je crois pouvoir faire appeler aux sentiments patriotiques et dévoués de notre nouveau collègue, l'hon. M. Spoo." An da schmiert en em Bräi ëm de Mond. Den C. M. Spoo géif eng Menong vertrieben, déi an alle Stécker ze respektéiere wir. Hie selwer wir mat Sympathie opgeholl gin, an si wire frou e bei sech ze gesinn, mä et wir sécher nüt säi Wonsch „pour y bouleverser les usages qui ont toujours présidé à nos discussions". An da kënnt en op de Schlappen. „Messieurs, l'idiome luxembourgeois nous est cher à tous, et quand nous nous rencontrons à l'étranger, c'est une bonne fortune pour nous que d'entendre les échos qui ont retenti lorsque nous entendions chanter le Feierwôn ou la Hémécht. Mais, Messieurs, quand il s'agit de législation, quand il s'agit des débats parlementaires, je crois qu'il faut prendre recours à des langues qui sont la base de notre législation. Eh, Messieurs, si nos débats ont lieu en luxembourgeois, allons-nous voter des lois en luxembourgeois ? Oh, Messieurs, nous sommes trop petits pour faire des expériences aussi scabreuses que celle-là. — Je ne veux pas même aborder le terrain constitutionnel, je pense que le simple bon sens et l'esprit de convenance qui, je n'en doute pas, animent l'hon. M. Spoo, l'engageront à renoncer à son projet, quelque désir qu'il ait de rester fidèle à une pensée patriotique que je respecte, et qu'il suffira des observations faites par l'hon. Président de cette Chambre et auxquelles je désire joindre les miennes, pour que l'hon. M. Spoo reste fidèle à nos traditions parlementaires en parlant soit le français, soit l'allemand." En anert Argument huet de Baron de Blochausen nach, an dat war nach émmer richteg, wann e seet: Mir géifen téscht Länner leien a liewen, déi franséisch an däitsch géife schwätzen, fir virun ze komme misste mir Sprooche kënnen, franséisch, däitsch an souguer englesch, et géife jo vill vun eise jonge Leit an d'Ausland schaffe goen, wann d'Kanner, dann elo och nach Létzebuergesch misste léieren, wou ewell

d'Schoulprogrammer iwwerlaascht wiren (déiselwecht Trant héiert een och nach), da géife mer de Leit déi Chance nach huelen fir déi Sproochen ze léieren, woumat se hir Kuuscht déite verdéngen. Zum Schluss seet en: „Je prie donc l'hon. M. Spoo — je ne l'invite pas, je n'en ai pas le droit — mais je le prie de tenir compte des hésitations et des craintes de beaucoup de membres de cette assemblée." (Bravo !)

Donc wir et um Spoo, mä hie léisst den Här *Salentiny* nach virdru schwätzen. De Salentiny as d'accord mat deem, wat bis elo gesot gin as „sous le rapport des exigences constitutionnelles et des convenances parlementaires, non moins bien après lui (le président) sous le rapport du patriotisme,— mä e mengt et misst nach en anere Ponkt matzielen „point de vue majeur qui est *celui de la dignité parlementaire*. Celle-ci, sans qu'il soit écrit quelque part, nous prescrit un certain décorum, décorum de mise extérieure. Personne ne s'est jamais permis de mettre ici les pieds en blouse. Eh bien, pareillement, il ne doit pas être permis d'employer ici un patois quelconque du pays. D'abord, n'oubliez pas qu'ils sont très nombreux, nos patois. Lequel sera-ce? Est-ce que ce sera celui qu'on voudra ? — Messieurs, avant tout je vous prierai de réfléchir à ce que le patois servira bien plus facilement de marche-pied aux familiarités d'abord, aux nervosités, aux explosions de mauvaise humeur ensuite, et aux trivialités à la fin. Je vous rappelerai un autre exemple. Il n'y a pas si longtemps — nos pères ont connu l'époque — où dans les églises, le sermon du dimanche se faisait en patois. Est-ce que vous croyez, Messieurs, que l'édification et la dévotion des ouailles avaient à y gagner? Absolument pas. Il y a eu des instructions supérieures qui l'ont défendu. Peu à peu l'usage en a complètement disparu ; si je me trompe, cela se ferait que très rarement aujourd'hui encore. (Hei sief agefléckt, wat de Prof. Jos. Hess a séngem Buch »*Die Sprache*

der Luxemburger« (1945) zu dem Lëtzebuergeschen an der Kiirch schreift: „Erst seit Bischof Laurent und Hassenpflug in den 40er Jahren (1840) wurden bei uns Unterrichtssprache und Kirchensprache deutsch. Die Pfarrer wussten die Feste luxemburgisch zu benennen: Christi-Himmelfahrt = Här-Affertendag, Christi-Klamm-op-Dag — Léiffrawëschdag, Léiffrafkrautdag.) De Salentiny fiirt virun a seet: et sollt dach kee mengen, datt den hon. M. Spoo nüt schreiben an nüt liese kënnt (Rires). Hien hätt mat him an de Sektionne (vun der Châmber) geschafft, et wir en zéien Aarbechter, e géif déi zwou Sprooche ganz gutt wëessen, an e géif maachen ewéi déi aner och. Iwwregens géifen d'Wieler vun hinnen erwaarden, datt, wann si s' an d'Châmber déite schécken, se da wéinegstens eng vun denen zwou Sprooche kënnten. Wann nun awer den Här Spoo séng Ried fir de Budget op Lëtzebuergesch virbreet hätt, da géif hie virschloen „à titre de transaction, de laisser passer la chose pour aujourd'hui ; mais la Chambre prendra la décision qu'à l'avenir tout le monde emploiera la langue française ou la langue allemande.“

Sou gouf et och gemaacht, fir haut jo, mä fortun däitsch odder franséisch. Den C. M. Spoo schwätzt Lëtzebuergesch. Hien, wéi och déi aner alleguer mussen et viraus gewousst hun, well hien hat sech d'Ried iwwer d'Sprooch schéi propper opgeschriwwen. (Si steet ganz hannert dësem Artikel, grad esou wéi de Spoo sech s'opgeschriwwen a virgeliessen hat.) — An de Sektionne muss virdrun dervu geschwat si gin, wéi et an engem Bréif un d'Luxemburger Wort gesot gët. — Am Bericht vun der Sëtzong as s' awer op däitsch gedréckt gin, well d'Stenografen se nüt hätte kënne matschreiwen. Si konnten et awer an der éischter Sëtzong, wéi de Spoo den Eed gelescht huet!

De Spoo äntwert op déi selleche Bemierkon-  
gen. Viraus muss hei gesot gin, datt, wann  
de Spoo a sénger Ried vun der däitscher

Sprooch schwätzt, hien d'Lëtzebuergesch menkt, sou wéi dat ugaangs ewell ernimmt gouf. E fänkt un: „Déi Fro, ob e Lëtzebuerger Dépetiéerten hei, virum Forum vum Land, a sénger Hemechtssprooch ze rieden darf, ka guer nüt a Betruedt kommen ... Ons Sprooch as déi däitsch! An ech behaapten nach ewell, datt se vill méi al a vill méi éierewiert as, wéi dat sougenannt Hou-däitsch, well honnerten an honnerte vu Joren as si geschwat gin, éier e Lessing, e Gôthe an e Schiller bestaangen hun, déi dem Houdäitschen eréischt séng besser Gestalt gin hun ...“ Ons Sprooch as ee vun de gesonntesten a räichsten Idiomen vun der germanescher Zong ...“ Hien as däermoos-  
sen iwwerzeegt, datt d'Lëtzebuergesch déi richteg Sprooch wir, fir an der Chamber ze schwätzen, datt e soe kann: „Et kann ä sech nach froen, wuerfir as den Art. 29 vun onser Verfassonk déi zwou Sprooche gläichgestallt huet? Ganz sécher war et keen aner Grond as wéi deen: Et duerf keng aner Sprooch gebraucht gin, als wéi eng déi gidfer Mensch am Land verstoe kann.“ Virdrun hat e gesot: „Et soll een den Escher Dëpétiéerten ongeplot loosen, wann en et fir gutt fënt, a sénger Hemechtssprooch de wichtegsten a bedätindste Kantong vum Land hei ze vertrieben.“ — Da menkt en e géif et mat de beschte Riedner vun der Welt ophuelen „a wa se mat Engelzonge riede kënnen, ech gin eng Wettonk mat him an, datt ech, wann ech an der Hemechtssprooch rieden, zéngmol, honnertmol, jo dausendmol besser verstaange gin wéi hien, wann en an der friemer Sprooch riet ...“ Ech ruffen d'ganz Land als Zeien derfir un, an ech hun an dësem Ament bei mir selwer och esou recht dat Gefill, datt ech heimat dem ganze Lëtzebuerger Hemechsland aus dem Hierz eraus rieden. — Solle mir ons da wuel deer Sprooch schummen, woumat as ons Mammen ons allegueren an d'Liewen eraa gekësst hun, déi mir op hirem Schouss geléiert an déi mer un der Mammebrotscht zuogläich mat engem vun den héichsten an hellegste Gefiller, déi eng

Mënschebroscht schloen dun, aagedronk hun — dat Gefill, datt mir Létzebuerger hei zasuemen halen an en änegt Vollek vu Bridder sin?" — Hie fiirt da laanscht déi „déi weider näischt wéissen a verstin, as wéi e puer Sätz an auslännescher Sprooch zu verbriechen, a sech nüt entbléiden zu schreiwen, ons Hemechtssprooch wir nüt salonfaheg an et misst verbuede gin se hei, am Haus vun der Natioun, an de freien Hale vum Vollek zu rieden. Mir wéllen en dat verzeien, trotzdeem as se dat, wat se kënnen a wéissen och nach op Käschte vum Land geléiert si gin; mer wéllen hinne verzeien, well se nüt wéisse wat se dun; ..." Hie mengt dann, wann aner Länner „hire Göthe a Schiller, hire Shakespeare a Byron, hire Jean Jacques a Victor Hugo, an esou honnert Heroë vum Gääscht hun, déi mir Létzebuerger jo och all héich an Éieren halen ... Mir aner hun onsen Dicks a Lentz, deen een dee Groussen, deen aneren den Herrlechen, déi an onse klenge Verhältnéisser dat selwecht sin, wéi déi an hire groussen. Mir duerfe käs vergiessen, datt déi aner schon zénter Jorhonnerten un hire Sprooche kultivéieren, wou mir Létzebuerger eréischt zénter 1839 op onsenen ägene Féiss stin a vidrun émmerfort an enger friemer Sprooch bal spuenesch, bal franséisch, bal nidderlannesch, bal éisträichesch regéiert a kommandéiert si gin. Nu kuckt awer, wat mer an deem haalwe Jorhonnert wiirklech Grousses erreacht hun." Hie mengt: „op alle Gebitter vun der intellektueller Aarbecht stelle mir haut onse Mann, ganz besonnesch as e gewaltege Firschrack an onser Hemechtssprooch gemaacht gin, ewell an dene 50 Jor, datt mer Här bei ons selwer sin, hu mir ons e Schaz vu Vollekslidder uegeluegt, dëftek a frësch wéi d'Quell am Bësch, voll Humor a gutt Aart, wéi keen aner Land a Vollek schéiner opzeweisen huet." Hie bedauert, datt mir op engem Gebitt kee »Firschréck« gemaacht hun, op dem Gebitt vun der Justiz „an dat eenzeg an eleng aus deem Grond, well dat Gebitt guer ze stracks u séngen ale Formelen

an — un der friemer Sprooch gehalen huet." Hie schléit da vir „denen zwee létzebuerger Autoren ze follegen, déi ons de Wee gewisen, fir ons Hemechssprooch zou enger Gebiltesprooch ze maachen. Loosst mer hirem Bäispill follegen, an hirem Gääscht virubauen, onsem Vollek séng Sprooch kultivéieren an nüt noloossen, bis datt all Létzebuerger se esou wuel schreiwen ewéi riede kann. Mir setzen dann och onsem Land a Vollek Grenzmarken fer all Éiwegkät, vill stierker a sécherer, als wa mer eng bombesécher Mauer rondëm bauen déiten." Hien huet domat op déi Bemierkunge geäntwert, déi virdru gefall worn, déi wollten hun eis Sprooch wir gutt fir doheem, an der Wiirtschaft asw. Dann zielt en déi dräi Grénn op, déi him apaarti uewe leien. „Éischtens hun ech ons Hemechssprooch iwer alles gier. Ech hu se geléiert a geschriwwen vu Kanddo un an et as déi Sprooch, déi ech wiirklech vun allen anere Sproochen am beschte praktizéiere kann." Zu elef Jor konnt en sech dem Lentz säi Lidd vum »Komper Kueb« opschreiwen an puer Jor spéider, „wéi onsem groussen Dicks säi »Scholtschäin« erschéngt as, du wor a blouf ech mäi Liewe laang derfir verkaaft. Ech wéll nüt behaapten, datt ech en dichtéche Riedner an onser létzebuerger Sprooch wier, dat fällt mer nüt aan, ower dat kann ech fräi eraus soen, datt ech mat all méngé Kräften derno striewe wäerd, hei an der Kammer esou gutt grammatesch a syntaxesch riichteg Sätz an onser Hemechssprooch ze man, wéi aner vu méngén Häre Collegen se an der friemer Sprooch färdeg bréngen. A wann ech och am Sauerdall gebueren an erzuë sin, dann hoffen ech dach mat der Sprooch vun onsen Nationaldichtern op d'manst esou gutt zuwee ze kommen, wéi villeg aner mat der friemer Sprooch an a kengem Fall ons Sprooch esou ze malträitéieren, wéi déi friem esou häfeg gët, wann ä se hei am Land rieden héiert." — Mat dene Sätz äntwert en op de Virworff vun dene villen Idiomen, déi mer am Land hätten. Hie gesäit d'Sprooch vum

Lentz fir déi richteg Lëtzebuerger Héich-sprooch un, et as nach keng Ried vun enger Koiné. Hie schwätzzt dat Stater a seet „ons, gier, genoch, fierdeg, sicher“ Wieder, déi am Sauerdall, wou hien opgewuess as aneschts sin.

Sain zwete Ponkt as „als waarme Fréind an Unhänger vum allgemeine Wiel- a Stëmmrecht, muss ech natirlech dropalen, datt ons Vollekssprooch hei an der Kammer op d'manst déi selwecht Berechtegonk huet wéi déi friem. Onsen Escher Kantong huet Léi- ergeld mat der friemer Sprooch gin; en hat laang genoch grouss Leit hei sätzen, déi nüt esou kéng worn, de Mond opzedoen an hir Menonk am Entresséi vum Kantong a vum Land auszedrécken, well se dat an der friemer Sprooch nüt konnten an well se de Mutt nüt hatten, et an der Hemedchssprooch virzebréngen.“ ... „An engem Parlament, dat aus alle Klasse vun der Bevölkerung zesume gesat as, wéi et am »suffrage universel« jo muss sin, do as déi Sprooch, déi ons vu Papp a Mamm vun uralen Zäiten hier iwerkommt as, déi eenzeg, déi nach eng vernünfteg Geltonk huet, déi eenzeg, déi no alle Säiten an an allen Ecke vum Land gutt verstaange gët . . .“ — Et sin émmer an émmer erém déi selwecht Ponkten déi e wëllt hun: verstanen ze gin vun de Leiden alleguer, dat as némme méiglech duurch d'Lëtzebuer-gesch, dernieft natirlech séng perséinlech Léift zur Hemedchssprooch, an dann d'Wiel- a Stëmmrecht fir jiddereen. E politische Schachzuch? Et kënnt een et bal unhuelen, mä séng Ried dréit awer wuel esouvill ém d'Birgerrecht vun der Sprooch.

Mat der Sprooch as et schons esou wéi de Spoo seet. Nach haut gesäit een et op Schrott an Tratt, Leit déi némmen an der Kanner-schoul e bësselche franséisch geléiert hun, hun dat mat der Zäit vergiess a verléiert.

Wuel kënnen déi allermeescht sech nach zer Nout hëlfelen, mä mat engem en Diskur féieren, Gesetzer an aner Texter richteg ze

verstoeden, dorunner báissen sech dach en et-lech d'Zänn aus. Wéi muss et dann eréischt déi Zäit gewiescht sin, wéi et esou schappeg mat de Schoule wor? Wéi nach 60, 70 an 80 Kanner an engem enken, klengen, stéckse-gen Zémmer virun engem Schoulmeeschter a laange Bánke souzen? Déi gutt koume mat virun, déi aner bloufe sätzen. D'Medercher, mäi Gott, wann déi kachen a brache konnten, dat goung déck duer! — Sain 3. Ponkt geet dann och erém iwwer d'Verstoë vun där friemer Sprooch, a besonnesch iwwer d'Ju-stiz mat hirem apaarte franséisch. E freet: „As dat moralesch erlaabt, datt iwvert Haab a Gutt, Éier a Gléck, Liewen an Doud vun de fräie Lëtzebuerger Biirger an enger Sprooch plädéiert an ofgëurtel gët, déi néngzéngtel dervun nüt verstin?“ — Hie mengt: „Dir Hären, d'grouss Iwwerzel vun alle Lëtzebuerger sin an deem selwechte Fall (wéi en Däitschen, deen zu Nanzeig ém déi Zäit zum Doud veruurtelt wor gin, sain Uurtel nüt verstanen hat an et eréischt vum Gischtche gewuer gouf, wéi en erém am Pri-song war) . . . Ech hun d'Gefill, datt muen-ché Bauer duurch déi friem Sprooch vun Haus an Haff verdriwen as gin, an datt muenchen aarmen Däiwel nüt am Prisong séiss, wann nüt an enger Sprooch, déi e guer nüt verstoë konnt, iwvert hie pledéiert a gëuurteilt wier gin.“ Hie gët engem zoukénf-tegen Affekot e gudde Rot fir eng brillant Karrier: „Da's deen d'Hemedchssprooch ze stodéieren . . . da kann e sicher sin, datt en déi meeschte Konnen aus dem Land krit a sech gutt derbäi steet (wann en da soss e brawen, éierleche Mann as)“ . . . An da seet en: „Souvill ech weess sin ech den éischte Lëtzebuerger Dëpétéierten, dee sech vir-geholl huet, an der Volléckssprooch hei ze rie-den. No mir wäerten aner kommen an d'Land wäerd nüt schlecht derbäi fueren.“ — Den éischten Dëpétéierten, deen sech vir-geholl huet an der Châmber Lëtzebuergesch ze schwätzzen, wäerd den C.M. Spoo ge-wiescht sin. Virun him hat awer an der Sét-zong vun der Regéierong 1848, wéi s'op

Ettelbréck ugaange war, wéinst der klenger »Revolutioun« an der Stad, den André (*Charles Mathias André* an nüt de Charles Théodore André — s. J. Milmeister in Hemecht No 4/1968, S. 511) Dikrecher Dépetéierten, Lëtzebuergesch geschwat. D’Luxemburger Wort vum 28. Abrëll 1848 schreift doriwer: „Hr. André hat das Wort. Nach einer kurzen Einleitung in französischer Sprache, welche dahin zielte die Landessprache in den Debatten zu gebrauchen, und welche mit einem Citat aus den Guêpes des A. Karr »les droits d’un pays peuvent se débattre en patois« endete, begann er Luxemburger Deutsch zu sprechen. Er war ganz be redt und interessant war es wirklich, so wichtige Fragen, die er mit vollkommener Consequenz löste in unserer Landessprache verhandeln zu hören.“ — No him koum dun den *Norbert Metz* un d’Rei, »er begann: „ich werde mich auch des Luxemburgischen bedienen, denn ich bin der Ansicht, daß die Stände sowohl als auch das Publikum alles genau verstehen sollen. Daraus ergibt sich, daß man nicht alles versteht, wenn französisch gesprochen wird. Warum bannt man also die französische Sprache nicht? . . .“ Am Bericht vum Wort heescht et da weider: Hr. *München* redete hierauf in hochdeutscher Sprache. Sein deutscher Ausdruck war sehr gut . . . Hr. *Wellenstein* (von Dreiborn) entschied sich in französischer Sprache . . .“ — Dat wir eng gutt Stäip fir den C.M. Spoo gewiescht, well e jo émmer ervirgehuewen huet d’Lëtzebuergesch géif en genuch franséisch verstoen an dofir misst Lëtzebuergesch an der Châmber geschwat gin.

An de Petitiounen, déi 1848 un d’Châmber kommen, gët émmer gefrot, an an dem Lux. Wort stéet et ze liesen z.B. an där vun der Gemeng Siebenborn: 10) Einführung der deutschen Sprache als alleinige Nationalsprache, jede andere ist ein wahres Joch für’s Volk . . . 19) Einführung des französischen Maßes, Gewichts und Münzfußes mit Beibehaltung der frz. Namen indem man

ihnen deutsche Endungen gibt.“ — D’Gemeng Gréiwemaacher freet énner Ponkt 25 „Einführung der (deutschen) Landessprache“ (Lux. Wort No 12, 30. April 1848 — cf. Maße im Uuchtkalennner 1969). Hei misst een awer, fir dat alles genee ze verstoen, wësse wéi d’Politik déi Zait war; dofir as awer elo hei nüt d’Plaz. —

Dann dem Spoo séng Schlussätz: „Op dat wat ech hei virgedroen hun, kann ech nüt unhuelen, datt an der lëtzebuerger Kammer eng Majoritéit sech esouwält vergiesse sollt, eppes ze beschléissen, wat duurchaus géint ons Verfassonk wier a mir hei op dëser Stell ons Hemechssprooch, dat Schéinst an dat Hellegst wat e Vollek vun Haus aus besetzt, nüt erlabe géing. Eng Kammer, déi esou en Undrag unhuelen déit, déi géif der Konstitutioun an dem Land e Fauschtschlag an d’Gesicht gin, op deen as d’Vollek een Dag or den aner ganz sicher réagéiere géif. Un homme prévenu en vaut deux.“

Éier ofgestëmmt gouf, as nach eng Kéier iwwer séng Ried diskutéiert gin. De Président stellt fest: „Je constate qu'il y a divergences d'opinion entre l'hon. M. Spoo et la Chambre et probablement l'hon. M. Spoo ne nous convaincra pas.“ — Du freet den Dépetéierte *Prüm* (vu Clief) d’Wuert. Et deet him leed, datt en dem sympatheschen hon. M. Spoo an dene générésen Iddiën nüt kënnt zoustëmmen . . . „M. Spoo pense que le patois luxembourgeois est une langue. Il se trompe. Le Luxembourgeois varie, comme tous les dialectes, d'une contrée à l'autre et même d'un village à l'autre ; si nous en permettons l'usage, nous finirons par ne plus nous comprendre dans cette enceinte. (De Spoo: Oui!) Je le prouverai par un exemple. Supposons pour un instant l'usage du dialect introduit dans cette chambre et que notre hon. Président se voit forcé d'interrompre un des orateurs, soit pour le rappeler à la question, soit pour le prier d'abréger son discours. Si ce député est un naturel du Pfaffenthal, il répondra: „Ech si glaich

fierdeg." Si au contraire le député est un descendant des anciens Cerésiens, il dira dans le vieux parler de Wolwerdange: „Ech se jeng réid" (Hilarité). Je suis persuadé qu'un grand nombre de membres de cette assemblée auraient de la peine à saisir la portée de la réplique... Il est donc évident que notre dialect a tant de variantes qu'on ne saurait le considérer comme une langue. Ensuite l'hon. M. Spoo a dit *que le luxembourgeois était une langue nationale*. Cela n'est pas exacte. Le Luxembourg a toujours été un pays bilingue ; de tout temps on s'est efforcé de lui maintenir ce caractère, et cela pour combattre les empiètements de l'étranger, aussi bien la germanisation que la francisation... C'est pour consacrer ces traditions que l'art. 29 de la Constitution maintient l'usage des deux langues. Le dialecte qui est parlé actuellement dans la capitale (dem Dicks an dem Lentz séng Sprooch) et qui d'année en année se mélange de plus de locutions allemandes, n'est pas notre langue nationale... Ne rompons pas avec les traditions anciennes, pour que nos neveux ne puissent pas nous accuser un jour, nous les successeurs des anciens députés des États, d'être restés le coeur de l'ancienne patrie, mais d'avoir tué l'âme vivante de la vieille nation luxembourgeoise." (Approbations). — Nach eng Kéier kënnt de Baron *de Blochhausen*. E schwätzst dem Spoo rëm eng Kéier schéin. Zénter 50 Jor hätt d'Land séng Autonomie a wir vun den No per respektéiert, d'Gesetzer wiren däitsch a franséisch „nos traditions sont faites ainsi, et je ne crois pas que nous avons un motif de rompre avec elles. Je regrette certainement de ne pas pouvoir insister pour accorder à l'hon. M. Spoo le droit de prononcer des discours en luxembourgeois (De Spoo: J'ai mon droit)... vous n'avez ce droit que si la Chambre le reconnaît... tant que nous sommes ici, nous avons été envoyés dans cette enceinte pour y parler français ou allemand. Jamais on n'a posé à aucun électeur la question de savoir, si l'on devait par-

ler luxembourgeois dans cette enceinte et changer toutes le traditions. Non, Messieurs, tout le monde le savait, en nous envoyant ici, que nous y parlerions français ou allemand. Mais, Messieurs, nous sommes ici du même droit que l'hon. M. Spoo (Bravo!) et notre droit, j'espère qu'il le respectera aussi bien que nous avons respecté le sien..." (Spoo: Certainement) — Hie biet dann de Spoo nees eng Kéier kee Sträit an d'Haus ze bréngen a franséisch oder däitsch ze schwätzzen, hie kënnt et jo „il le fera en se soumettant à la décision de l'assemblée générale, quelle qu'elle soit". — De Président verlaagt dono eng Décisioun vun der Châmber „pour savoir d'après son sentiment, il doit être permis de se servir de l'idiome du pays dans nos débats publics".

Mat 30 Stëmmen dergéint, eng Enthalong, eng derfir, gët de Spoo énner den Dësch gestëmmt. De Brincour, deen sech enthalen huet, seet woufir en nüt derfir an nüt dergéint wir: „La question constitutionnelle n'est pas claire à mes yeux, et, d'autre part, quant à la question de convenance, qui a été soulevée ici, l'hon. M. Spoo vous a prouvé par son discours qu'on peut très bien exprimer, à l'aide du patois luxembourgeois, des idées élevées et des sentiments profonds." De Président mengt dono, et wir dann esou: „Cette sanction me semble devoir être que les discours prononcés ici en idiome du pays ne seront pas reproduits ni au compte-rendu officiel ni à l'analytique, sans préjudice du droit pour le président d'ôter la parole au député qui, malgré la défense de la Chambre voudrait se servir de l'idiome du pays." —

De Baron *de Blochhausen* mengt et wir néideg „maintenant d'introduire dans le règlement une disposition additionnelle. Je pense que le Bureau pourrait, d'ici demain, la formuler par écrit et la présenter à la Chambre, de manière à ce que personne ne puisse dire que la question n'a pas été clairement posée. (Assentiments)".

Den »Incident« an der Chamber as eriwwer. Et duerf kee Lëtzebuergesch an der Châmber geschwat gin — an et huet gedauert bis 1945, no deem schreckleche Krich, éier d'Lëtzebuergesch Biirgerrecht an der Châmber krut. Den analytesche Kammerbericht bréngt esouguer vun 1945 bis den November 1949 d'Rieden an aner Saachen op Lëtzebuergesch. Dat Däitscht wor an där Zäit verhaasst wéi nach nimools virdrun. Wéi dun déi éischt Roserei eriwwer war, as d'Lëtzebuergesch, bis haut nach, nieft dem franséischen an der Chamber bliwwen, awer méi spéit am Analyteschen op däitsch iwwersat gin. Viru 1945 hat d'Lëtzebuergesch awer éemmer sái Recht an de *Gemengeroottssätzunge* gehat. (De Gemengerootsbericht vun der Stad Lëtzeburg as nom Krich 1940/45 an dár Spooch gedréckt gin, wéi d'Rieden am Konsell geschwat gouwen, bis en d'Châmber nogemaacht huet, de Bericht kiirzt an d'Lëtzebuergesch op däitsch bréngt. Déi franséisch Rieden an Interventione sin am Bericht op franséisch.)

Hannesch an d'Jor 1896. Gouf et e Stuurm am Land, wéi de Spoo et gemengt hat? Am meeschten enzonnen huet sech d'»Luxemburger Nationalzeitung« zu Chicago, déi de 7. Januar mat engem décke schwarze Buert erauskoum. Hei am Land sin d'Zeitungen nüt esou wäit gaang. Wat hun se geschriwwen:

*Luxemburger Wort.* 10. Dezember 1896.  
 „Die heute in Angriff genommene allgemeine Budget-Diskussion wurde in ihrem Verlauf unterbrochen durch die Zwischenfrage, ob es einem Deputierten erlaubt sei in Luxemburger Mundart seine Gedanken zum Ausdruck zu bringen. Hr. Spoo wollte bei der Budgetverhandlung auf Luxemburgerdeutsch das Wort ergreifen... Die bei Herrn Spoo vorherrschenden Gründe sind anzuerkennen; er wollte die Sprache des Volkes reden und von demselben verstanden werden, denn er glüht vor heftiger Be-

geisterung für die Heimatsprache, die er sich zum Lieblingsstudium erkoren hat, und bei der er mit Genugtuung den großen manigfaltigen Wortschatz treffend hervorhebt... Auf das Luxemburgerdeutsch lässt sich der in der Verfassung geforderte Begriff »Sprache« schlechterdings nicht anwenden, viel weniger darf man ihm im Ernst vor dem klassischen Hochdeutschen den Vorrang als deutsche Sprache beanspruchen...“ — Am Kommentar zu dár Sätzong schreift d'Wort dann, et wir nüt an der Rei, datt dem Spoo séng Ried nüt am Analytesche Kammerbericht stéing, si wir jo virun der Sanktioun gehale gin, déi d'Lëtzebuergesch an der Châmber verbidde sollt. An iwwregens hätt de Kammerbericht och en aneren Zwëschefall iwwergaang. Bannt der Ried vum H. Spoo hätt den H. *Bian* geruff: „Wenn Sie nicht hier wären, das Volk würde Sie nicht mehr hierher schicken.“ Déi plomp Bemerkung gouf dem Spoo „offenbar das Recht, den Schutz des Präsidenten anzurufen“.

Am Wort vum 11. Dezember steet hannert dem Kammerbericht e Bréif un d'Redaktion zu dár Affär énnner dem Titel: *Unsere Muttersprache*. „In der Sprachenfrage ist Herr Spoo, Abgeordneter für Esch, gestern unterlegen; ich bedauere es, denn das gute Recht war auf seiner Seite. Von seinen Gegnern, welche zu den besten Kräften unserer Kammer zählen, hat keiner stichhaltige Gründe anführen können, und so bleibt die Frage im Prinzip offen, wenn auch unsere Muttersprache einstweilen aus dem Abgeordnetenhause verbannt ist. — Die Einführung der Luxemburger Sprache als Lehrgegenstand in unseren Schulen möchte ich nicht befürworten, doch war die barsche Abfertigung des dahinzielenden Antrags in den Sektionen nicht am Platze. Eine Grammatik und ein Wörterbuch sind notwendig, wenn unsere Sprache sich erhalten soll, und Pflicht der Landesvertretung ist es, zu solcher Arbeit anzuregen.“ — No deem Bréif muss de

Schreiwer genee Bescheed gewousst hun, well et geet soss néierens Rieds vun »der Einführung der Luxemburger Sprache als Lehrgegenstand«, et gët och néierens vun engem »Wörterbuch« e Wuert ernimmt. Wor et e Frénd vum Spoo, deen de Bréif geschriften huet? Dann hätt de Spoo sécher och fir d'Lëtzebuergescht an der Schoul geschwatt. Eent as sécher: et war déi Zäit eppes an der Wier, well d'»Wörterbuch« huet 1897 ugefaang, wéi d'Regéierong duurch »Kammerbeschuß vom 19. Februar 1897«, knaps dräi Méint derno, e Kredit vun 3 000 Frang gestëmmt huet, an eng Kommissiou agesat gouf „behuft Sammlung und Aufzeichnung unseres nationalen Sprachschatzes“ (Vorwort: Wörterbuch der luxemburgischen Mundart. 1906 S. IV). Hat de Spoo och do d'Hand am Spill gehat? — D'Wort mécht e Kommentar zu deem Bréif: N.B. Die Hauptabsicht des Escher Abgeordneten wird darin bestanden haben unsere Muttersprache durch den Gebrauch in der Kammer den fremdländischen Gelehrten sprachen ebenbürtig an die Seite zu stellen, ähnlich was der flämische Abgeordnete Coremans bezeichnete und kürzlich nach 66-jährigem Kampfe erreichte. — Bei der jetzigen Stimmung wird es lange währen, bis unsere Volkssprache, durch die Bemühungen der Privatiniziativ gepflegt, verbessert und gereinigt den Fuß über die Schwelle der Kammer oder des Justizpalastes setzen wird. *Doch dieser Augenblick soll einmal kommen, wenn vielleicht auch erst nach langen Jahren.* Bis dahin muß sie sich noch in den schlüchten »Hallen« der Gemeinderäte heimisch fühlen, wo es keinem Menschen einfallen wird, französisch oder gutdeutsch zu reden.“ — Den 11. Dezember 1896 heescht et am Wort: „Die Generaldebatte des Budgets wurde durch die Rede des Herrn Spoo wieder aufgegriffen... Hr. Spoo entwickelt dieses Mal in französischer Sprache seine volkswirtschaftlichen Grundsätze und Bestrebungen.“ An dann: „Die gestern im analytischen Kammerbericht vermißte Re-

de des Herrn Spoo ist heute veröffentlicht worden; gestern wurde sie übergangen, weil die Stenographen sie nicht hatten aufnehmen können.“

*L'Indépendance Luxembourgeoise.* No 345 10 décembre 1896: „Un incident aussi gai qu'important a marqué le début de la séance d'hier... S'exprimant en patois luxembourgeois l'hon. député développe avec un vrai talent oratoire quelques bons arguments. Si dans son discours de longue haleine l'orateur a su trouver des expressions bien choisies, il a aussi surpris et fait rire ses auditeurs par des descriptions exagérées entremêlées de quelques erreurs... La question vient d'être tranchée par la Chambre, mais qui oserait affirmer qu'elle a définitivement disparue. Elle pourra bien renaître avec les questions si intéressantes de la révision de la Constitution et de l'abolition du cens électoral...“ — Interessant as nach eng Notiz déi nieft dem Bericht stieet: Incident du tribunal correctionnel. Le témoin, un vieux paysan, dépose en luxembourgeois. — L'avocat du prévenu présente une observation en français. — Le témoin de lui répondre de suite dans la même langue. Me L... „Un argument pour ceux qui ont interdit l'emploi du patois luxembourgeois à la Chambre.“ (Le témoin est luxembourgeois, donc il comprend et parle le français.) *Obermosel Zeitung.* 10. 12. 1896. „Nachdem Herr Spoo bereits in der Eröffnungsitzung der Kammer seine erste Rede in der Luxemburger Mundart gehalten hatte, schickte er sich an, zu dem Budget ebenfalls in Platt zu sprechen, als er von dem Vorsitzenden unterbrochen wurde... der Gebrauch dieses Idioms nicht zulässig erscheine.“

An der *Luxemburger Zeitung* vum 10. 12. 1896 as bal horgenee dee selwechten Artikel wéi an der »Obermosel«, mat engem Kommentar: „Wir können der Kammer nur Glück dazu wünschen, einen Beschuß gefaßt zu haben, der eine Gepflogenheit ver-

hindert, die, wie Herr Simons sagte, dazu angetan wäre, das Niveau der Debatten herunterzudrücken und dieselben einen bedauerlichen Ton der Familiarität, wenn nicht gar der Trivialität zu bringen . . .”

Sou wor et viru 75 Jor, 1896.

Wat soll een dann am Jor 1971 zu all deem soen? Misst een nüt och déi politisch Lag am Ganze matkucken an analyséieren. Soll een némmen drop hiweisen, datt wuel 1896 an de Sektionounen driwwer debattéiert, d'Lëtzebuergesch duurch de Spoo 1912 an d'Schoulgesetz koum a se bal all, un der Spëtzt de Staatsminister Paul *Eyschen*, némmen Gutts ze soe woussten, den Paul *Eyschen* eng laang Ried iwwer d'Lëtzebuergesch gehalen huet, datt den Nik. *Welter* du dat éischt Bichelche fir d'Schoule gemaacht huet, dat émmer èrem nei opgeluegt as gin an haut nüt méi ze kréien as, datt ewell zénter Joren op en Neit gewaart gët, fir de Schoulmeeschteren eppes an d'Hand ze gin; datt zénter 1945 d'Lëtzebuergesch och an den

zwou énneschte Klasse vun de Mëttelschoulen um Programm steeet, datt bei Naturalisatiounen vun 1937/38 u gefrot gët, ob deen, deen sech wëllt naturaliséieren loessen Lëtzebuergesch kënnt a wéivill en és kënnt; datt den zwäten Dictionnaire, vun deem Rieds wor, am Jor 1906 erauskoum, fir deem 1897 eng Kommissioun genannt as gin, an zénter 1950 en neien drëtten am Gaang as erauszekommen vun deem elo ronn 1500 Säiten an dräi Bänn gedréckt sin an an e puer Jor ganz färdeg as; datt eng Lëtzeberger Grammatik vum Robert *Bruch* zénter 1954 do as; datt mer 1946 eng offiziell Schreibweis kruten, déi bal kee schreift; déi aus dem neie Lëtzeburger Dictionnaire vun dene meeschten ugeholl gët; wéi et elo gaangen huet, datt vun 1967 un d'Lëtzebuergesch nees méi an d'Kiirch erakomm as? An datt d'Profezeierung vum Luxemburger Wort aus dem Jor 1896 »nach langen Jahren« am Jor 1945 Wiirklechkeet gouf? Némmen dat wir eng aner laang Geschicht.

Kréschtmount 1971

Heng Rinnen

## Hêmechssprooch

an der Kammerdeputation am 9. Decembre 1896.



Dé Frô, op e lîzburger Députéerten hei, firum Forum sum Land.  
a singer Hêmechssprooch ze riéden darf, ka quor nít a Belmacht kommen.  
Si as geregelt durch den art. 29 fan der Ferfassonk, den onsen Herr Président elo graad ugefeert huot, a fir méch ganz a quor entsched.

Ons Sprich as dé fransesch, hén englesch, hén niddelerländsch,  
hén spônesch, hén italiënesch, si as nict rumenesch, nict hêmech, nict  
kirkesch, nict russesch an och sécher nict skandinavesch. Wat soll  
dan nach áneschter fir ons inrich bleiven als nict "deitsch"  
wa mer den Tüür durch ganz Europa gemacht hun?

Ons Sprich as dé deitsch! an iech behâpten noch ewell, dat se fil  
mé as a fil me éerewiert as. nict dât so genant Hochdeitsch, well kommetou  
an kommete fu jöres as si geschriwt gin, eer e Lessing, e Gôthe an e Schiller  
bestâgen him, dé dem Hochdeitschen erécht seng bësser Gestall gin hun.

Ons Sprich as è sum de gesontesten a réichsten Ioliomen fun der  
germanescher Tong. Wann dé neutidsch Geleerten emol an d' Ferleent-  
heit kommen, wô se dat recht Wort siche sollot fir eng nei Idé ausze-  
drécken, da kinnen se seich un ons weinnen: Mir hêmen hinnen e  
feierferte Geldschâf soll kospereen Spröchpiérler a. Wieder erschützen,  
wô scâber dat Recht fannen.

Inrichens as mir nict bekant, daß ergendwo an der Welt eng  
akademie Berlin, dé folsielle gëw, wellecls as eigentlich dé richstech  
deitsch Sprich nict, op stois oder eng áner ab.

Litzeburgesch as also deitsch am huet sei Ferfassonkrecht hei.  
 ons Ferfassonk setzt erognor sei : „L'usage n'en peut être limité!“  
~~Bied deitsch we et iech gel~~ Est welt doch sicher soen : Alsd  
 deitsch we et iech gel, a ganzeronnesch : Et soll en den Escher  
 Députéerten ongeloos loszen, wann en et fer grond fent, se senger  
 Hennelssprooch de wichtichsten a bedeckendsten Kantong zum  
 Land hei ze ferdrieden.

Et kannē sech och nach förest, woorfir as den Ort. d'A sun onser  
 Ferfassonk de zwö Spröchen gleichgerällt huet? Ganz sicher war  
 et hien äuer Grond as we önn : Et duorf heng äuer Spröch gebraucht  
 gin, als we eng dé giifte d'ersch am Land ferstöe kann.

an nun hñolen eih et op man besedle Riedner aus dem gounze  
 Litzeburger Land, a wann en och d' Konscht sun engem Demosphären,  
 sun engem Rossuel oder Mirakel huet, oder sollt en och, we den  
 apostel Paulus a'senger Episkel un d' Korinther sel, mal Engels-  
 gange riide kimen — eih gin eng Wellenk mat him an, doolt eih,  
<sup>wann eih an der Gemeindesprovinz ieden</sup>  
 zengrotol, hornertmol, jo dausentmol besser ferrlänge gin we hien  
 wann en an der frierner Spröch riid, an zwuor nit eleng kannicht  
 uns politische Gränzen, ma nach weid driver ewech, sun der  
 Pör aus, wo onreberimle Blaune Jang nach hant an der gerbluelen,  
 nun och frierner Pord röd, bis op den Hégplateau sun der wieler,  
 venierabeler Ardvenna, sun der Kyll bis hannerd den offener  
 Weier, esöweid we d' litzeburger Tong blentkt a Gott am  
 Kimmel Liddes singt. Eih ruffen d' ganz Land als Zeiern  
 derfir uns, an eih sun an diesem Ammt bei mir selver och eso

recht datt Gefill, doft ich heimall dem ganz Lëtzeburger Commeetsland  
aus dem Hiers eräus riéden.

Solle mir ons da wuöl d'r Sprach schuonnen, wonnalt as ons  
Mannen ons allegiorien an d'Lieven era gelesst hun? d' mir  
op hirem Schöss geleert am d' mer un der Hammelbrocht zögleich  
mat engem Simbregsten an hellechste Gefiller, d' eng Menschenbrocht  
schlöen dun, agedronnat hun — dat Gefill, datt mir Lëtzeburger  
rei gesüomen hälen an en énecht Folk zu Bridder sin?

„dix d' Leid an der Hémiecht, wé hun éch te giér.

As wa fun en allen e Brudder éch wiér“,  
singt onsen hërrliche Michel Lentz. Wuöl gërt et Scribifaxen am  
Lëtzeburger Land — Gott sén es gedankt, hier zuöl as haleng an éch kënt  
se op e Pior Fanger fir disse Hand erofzielen — d' weister nészch  
wissen a ferskinn, as wé e puor Sëtz an auslënnwercher Sprach  
ze ferleriechen a sech nicht entbléiden ze schreiven, ons Hémiechts-  
sprach wiér niet salonfëech an et missi fertuode gin, se hei, am  
Haus fun der Nation, an de freien Hale sum Folk ze riéolen.

Mer wellen en dat ferzeien, trotzdem as se dat, wat se kënnen  
a wissen och nach op d' Keschte summ Land geleert si gin; mer  
wellen e ferzeien, well se niet wissen wat se dun; over fui  
invert eso cotiliinoresch Existënzen, d' schreive wé se bezuolt  
gin, a fui invert de, d' se bezuolen.

Äuer Tellser him hire Gôthe a Schiller, hire Shakespeare  
a Byron, hire Jean Jacques a Victor Hugo, an eso hommerien  
an hommerien Héroë sum Gescht, d' mir Lëtzeburger jo och alle

h eg an  eren h ien an wir d en h eire L icht gedankt mir ons nach  
bis an d' gr o  Aker ergetzen. offir aver him ousen Dicks an onse  
Lentz, den En de Grossen, den  aner den H errlechen, d e an onse  
kl eine Ferh eltn esster, w e d e do an h ire grossen. Mir duorfe h as  
ferg ierzen, d at d e  aner schon z inter J orhommerten un h ire  
Spr oche cul iv eret, w o mir L etzeburger er escht z inter 1834 op  
onsen  egene F esze sin a firdum e immerforten an e nger fri emer  
Spr oche, bal sp usnesch, bal hands esch, bal niddel emusch, bal  streich  
esch reg iert a kommed eert si gin.

Nu kucht over, wat mer an dem h alewe J orhommert w rebli:  
Grosses erreicht him: N el eleng a politischer a socialer Be ouerK,  
ma op alle Gebitter f m der intellectuelles  arb eit st elle mir hant  
onse ch an; ganz besonresch over as e gewalt eiche F orschrockK  
an onser H ennichsversch. gemacht g is, enuell an dene 50 j oer  
datt mer H er bei ons selver sin, hu mir ons e Schatz fu Toll ekslidder  
ang ruogt, deslich a fr isch w e d' Quell am M esch, voll Humor a gudel  
 ark, w e kein  aner Land a Toll ek sch ener opzeweiden huet. A  
wann nach weider 50 j oer durch d' Land g ange sin, dan hu mir  
e Comme sbooch fu H ennichslidder, d at de Lidderbicker f m  
de fri eme L inner durchaus d' St ang h ole kann. Over, w e el eng  
ausnam bei allem g el, datt mia op es o muss ich Ceder constateeren,  
datt mir op engem Gebidd st oe si bliwen a h e F orschreck gemacht  
him, an dat  anzeck an eleng uns dem Grond, well dat Gebidot g uar  
ze stracks n  ingen alle Formeln an — in der fri emer Spr oche  
geh alen huet. Ein m engen ons justiz, op di  ech nach z eckkommen.

· Ons zwéi lëtzeburger Antweren hün ons de Wéi gewisen, fir ons Héméchsprach zóenger Gebiltesprach ze machen. Dorsz mer hienin Beispil follechen, an hinem Geseht fir unbauen, onsem Tülléls seng Sprach kultivéieren an nütz nösen, bis datt all Lëtzeburger se a esó vuol schreinen ewé riide kann. Mir setzen datz onsem Land a Tülléls Grenzmärkchen fir all Éwegkéit, sille stérker a secherer, als wa mer ding bombesicher Mauer rondem ballen délen.

Ech hün over nach dréi ëner wichtichek Grénn, déi méch bestëmmt hün, hei a kenger friémer Sprach ze riéden. Déi dréi Grénn sin é mé wichtig wé den ëner; se ginn, wé ëns an der Muséck sét „crescendo“, an et sin dé hei :

Eschters hün éch ons Héméchsprach invert alles gier. Ech hu se geliert a geschriven fu Kandolé un an et os dé Sprach dé ech wirklech fum allen anere Spröchen am beschte praktilzere kann. Schon 1848, wé ëns fum den Eschters Kanner fum unserm hërrleche Mechel Lentz singen schéner Lyrik, „de Komper Huub“, erauskomm, konnt éch mir dat Liedel och schon opschreinen, an e puor Jör spéder, wé onsem grôzen dëbbs sei „Schollsscheiss“ erschingt as, dñ wör a blöw éch méi lierree läng derfir ferhapt. Ech well nu nüt behämpfen, datt éch en dichtlichek Riedner an onser lëtzeburger Sprach wîer, datt füllt mer nüt ëm, over dat kann éch fréi eraus sén, datt éch mal all mënge Tréppen derno striëne wîerd, hei an der Tiersamer ei grudot grammatisch a syntaxésch richtig felz an onser Héméchsprach ze mân, wé ëner fu mëngen Héire

collégen se an der friéner Spröch siérdiech brengen. Ol wamm  
 éch <sup>och</sup> ~~ours~~ Louerdaal gebüren an erzueren sin, dan hoffen éch doch,  
 mal der Spröch ~~sun~~ uns Nationaldichtern op d' mannek esó  
 quodol zevé ze kommen, wé filléch ûner mal der friéner Spröch  
 an a kengem Fal ons Spröch esó ze malstréieren, wé dë  
 friém esó héléch gét wamm e sea hei am Land riéden héert.

Z wéitens, als e wärme Fréind an Unhänger sun allge-  
 mingé Wiel-a Sténnicht, muss éch natirlich drop hâlen,  
 doth ons Folélässspröch bei an der Kammer op d' mannek  
 dé selwicht Beréchtesgontk huet wé dë friém. Onser Escher  
 Frankong huet Leergélot mal der friéner Spröch g'm ; en holt  
 läng genoch grôz Leid hei sätzen dé net esó Kéng wören, de  
 Mond ~~dei~~ opzedéen an hir Ménontk am Entrées sun Frankong  
 a sun Land auszodrécken, wéll se dat an der friéner Spröch  
 mit konten a wéll se de effudt nit hâken, et an der Heinéch-  
 spröch firzubringen

an engem Parlement, dat aus alle Klasse sun der  
 Beféllerontk zérûonne gesööt os, wé et am "suffrage universel"  
 jo muss sin, do es dë Spröch dé ons su Papp a offam sun  
 vrâlen Zeisen hier inverkomt os, dé enzech dë nach eng fer-  
 nienflech Géllontk huet, dé enzech dé no alle Seiten an  
 an allen Ecke sun Land quodol ferstânge gét, wérend de  
 friénen ausdrochs fernierstécher Weis netzelt wieder ben-  
 spröche kann, als wé toleréert ze gìn, wéll et nach Leid am Land  
 gét, dé hir Erréontk an der friéner Spröch part huet.

Mén dritte Grond as d'ir, éch són et nict erous, datt  
ons Lézburger Folék läng g'stoch genoch, zo, fill ze läng mat  
der friemor Spröch invert d'Uere geschlöin as gin. As dát moralesch  
erläbt, datt invert Héys a Gudd. Éer a Glück, Liéwen an Dood  
für de freie Lézburgen Bürger an énger Spröch pleidéert an  
ofgeurstelt ofst, dé neng Zéngel derfun nict ferstunn?

Nach an de lesclers d'ig houle mer an den Zeidonke ließen,  
wé dé firech Woch e Mierder, en Deitschen, fum den Assisen zo  
Nanzéch zum Dood ferurteilt as gin. Fum der ganzer Ferhandlung  
a fu sengem Urteil holt den Ongegleichen nict é Muort ferstängen  
an en muot sech gleichbefil fum de Gendärmen offéere gelöst.  
Bréchkt wé ess eriem am Prisong wör, huvt e Beamin den  
Deitsch kont him sei schwéilech Lös mactgedéll.

Gir Héren, d'grunz Invernuol fum alle Lézburgen sin an dem  
sélwéchle Fal an d'Beispiller derfir lészen séch mat den  
hommeren uferen. Éch huu d'Gefill, datt munche Rauen  
durch de friem Spröch fum Héus an Haff ferdriiven as  
gin, an datt munchen armen Deivel nict am Prisong sész,  
wann nict an énger Spröch, dé é grunz nict ferstöe houyt, invert  
hié pleidéert a geürteilt wiér gin.

Éch miéch bei déser Geleenthéit engem zökénnestéche  
jungen orfekot e guddot Röt fir eng brillant Karrièr gir. Dös  
stein, d' Héiméchospköch ze stuotéeren, a séch als Meschter  
drán auszebildeten an all seng Pédoyeen op Lézburgesch  
ze hóllen. Wann en clá sos e kráiven, várliche Mann as,

da kann e sicher sin, daß en d' mescht Kammern am Land part a sech quodd derbei stēt.

Sö fil ich wiss, sin ich den eschte Litzburga Deputierten de' Sech Fürgeschäfthuot, an der Folksprooch bei ze rieden. So mir werden nach äner kommen an d' Land wird net schlecht derbei führen. Am Gegenfall, et wird e ganz neien, freie Gescht inwert ol' Héigten an ol' Delle fum Litzburga Land a Folke ze een, wann emol seng Sprach op eng gebilt ärst a Weis fol zur Gelbouk kemt

Op datt, wos ich hei fürgedroen bin, kann ich net untrüben, statt an der Litzburga Kammer eng Majorität sech eröweid fergiessze soll, ejpes ze beschleszen woh durchaus gënnt ons Fefassouk wier a mir bei op dieser Stell ~~an~~ ons Hämmechsprach, dat Schenk an ole Folkeleicht woh a Folke fum Haüs uns besetzt, net erläbe gëro. Eng Kammer, d' esöer Unobräg untrüben stēt, ole gëro der Constitutiönn an dem Land e Fäuscht-Schläg an d' Gesicht gìn, op den as ol' Folke en Räg vor den äner ganz sicher reagérete gëw.

*Wiederholung der aufgestellten punktiounen und der daraus resultirenden Maßnahmen, die ausgeführt werden, um auf die in der ersten Abhandlung geschilderten Verhältnisse einzuwirken.*

# 100 Joërläer Renert



Am Joërläer 1872, no 6 Joërläer Aarbecht, huet zou Wolz eisen Nationaldichter Méchel Rodange de »Renert« zu engem gudden Enn bruet an am selwechte Joërläer gouf e fir d'éischt gedréckt.

1972 as fir äis duerfir e grousst Gedenkjoërläer, an aus dësem Gronn huet d'»Actioun Lëtzebuergesch« bei der Postdirektioun ugefrot, datt en Erënnerungskäppchen erauskim. Et as äis och gär zougesot gin.

Mir sin dem Méchel Rodange dat schölleg fir säi groussaartegt Wierk. Ganz vill gouf jo ewell driwer geschriwen, mir hun hei och nüt wölles op eneits drop anzegoen, wéinstens nüt elo an op dëser Plaz. Eng Iddi, déi an deer enger an aner Versammlong vun der »Actioun Lëtzebuergesch« an am Zesummenhank mam Méchel Rodange ervirbruet gin as, sief awer ugekënnegt: Fir äis Lëtzebuerg, a speziell fir déi déi no äis kommen, wir et schéin a sécher ubruecht, wa mer enges Daags künnten an engem »Haus fir Lëtzebuerg Dichtung a Konscht«, iwert dëse grousse Lëtzebuerg, grad ewéi iwert eis aner grouss Landsleit Dicks, Lentz, Spoo, Duchscher, Welter, Goergen, Siggy vu Lëtzebuerg, a wéi s'all heeschen, alles zesummebrénggen, alles iwwer hiirt Schaffen an hir Wierker, wat eis Heimécht a séng Sprooch ugeet, a jidfereen, deen sech interesséiert, misst do fräien Zougank hun.

Mir wäre frou, géingen sech Frénn a Bekannter mellen, fir dës Iddi opzegräifen a virunzeféieren. Är Mänong géife mer gär héieren!

E. Schmit

# De Blanne Mäerten

Jidfer Lëtzebuerger kennt de Jhang de Blannen, deen d'Schueberfouer gegrënnt huet an zu Crécy erschloe gouf. Vill Leit hu sécher och vum Blannen Theis héieren, dee mat sénger Fra Bäerbel a séngem Hond vun Duerf zu Duerf gereest as fir op de Kiirmësse Gei ze spinnen. Huet Dir dann och ewell vum Blanne Mäerten héieren? Nét? Dann erzielen ech Iech e bësse vun him.

De Martin *Holweck* war 1849 zu Veianen gebueren. D'Leit erzielen, en hätt fir Schoulmeeschter geléiert, awer durch e Schwier wir e blann gin. Doropshin as heen, grad wéi de Blannen Theis, ueter d'Land gezunn an huet mat sénger Harmonika Danzmusek fir d'Kiirmes gespilt. Dat war u sech näischte neits, well »d'Veiner Geeken« waren zanter laanger Zäit bei all Kiirmes derbei. Vi run der Kiirmes koumen »d'Veiner Wéisserten«, déi d'Haiser »gewéisst« hun. Wann de Kiirmessonndeg bis do war, hun d'Veiner Musikanten sech afanne loosst, fir Danzmu sek ze spinnen. Mat hire geckege Spichten hun si sech no an no de Numm »Veiner Geeken« verdingt. De Blanne Mäerten awer huet nét némmen Harmonika gespilt, hien huet och séng äge Liddercher gemat a gesongen. Déi meeschter haten eng einfach Weis, déi hee selwer erfond hat. D'Wiederer hun alt recht a schlecht gereimt, mä d'Leit haten dës Lidder gären, well se vu Saachen erzielt hun, déi an hirer Zäit geschitt sin. Dat bekannst vu sénge Lidder as dat vun der *Fielzer Eisebunn*:

1. Déi Fielzer hun eng Eisebunn,  
schnell ewéi de Schleek juchhee.  
Déi koum all Dag e puer Stonnen ze spéit,  
schnell ewéi e Schleek juchhee.  
Se hiewen, drécken, 't geet nét un,  
schnell ewéi de Schleek juchheirassa.  
Du gi se mat Kléppen hannendrun,  
schnell ewéi de Schleek juchhee.  
Refr.  
Dat raut se sou, dat raut se sou,  
se gi säi Liewen nét méi vrou,

dat raut se sou, dat raut se sou,  
si gin och nét méi vrou.

2. Hir Kuelen hun s'an der Tubaaksblos,  
Si dénken: „Mir hun eis éierlech Mooss!“  
An d'Waasser an der Kaffistass;  
Dann dénken si: „Mir hun nach Damp a  
Mass!“]

3. Et gët een hin an hier geschmass,  
T'lescht hat bal een sech d'Zong ofgebass;  
Et gët een hin an hir geréselt,  
Et sätzt ee besser op enger Kou, déi bëselt.

4. An hun se en Décken op enger Säit,  
Da fueren si och guer nét wäit.  
De Waggo fänkt sech un ze hiewen:  
„Setzt Iech eriwer, soss geet ét fir  
[d'Liewen!“

5. Déi Päif vum Zuch, déi as schons hees  
Vun lauter Jäizen, datt se bleiwen am Gleis.  
Fir schnell ze fuere sin se nét gewass,  
Si haten e schons e puer Mol èmgeschmass.

6. Zu Medernach op der grousser Gare,  
Do waarden d'Leit beim Birebam.  
De Chef dee klémmt wuel uewendrop,  
Geheit de Leit dann d'Biljeen rof op  
[d'Kopp.

7. Zu Cruchten as emol eng droleg geschitt,  
Do hat jo een sech eng Stonn verspitt.  
„Gët mir eng Kaart, ech lafen no!“  
E war jo virum Zuch nach do.

8. Si sollte jo mol e Kand iwerrennen,  
An dofir hätten s'an der Häll misst brennen.  
De Schaffner leeft, hëlt d'Kand aus der  
[Bunn  
An d'Mamm vum Kand, déi schénkt him en  
[Hunn.

9. Et as nach een, deen ech nét nennen  
[duerf,  
Deen hat gehollef sträichen, ma nét an e  
[Kuerf.  
Deen helleft all krank Saache maachen,  
Fir datt derno sech d'Leit musse kromp  
[laachen.

Apaart an der leschter Strof sin Zoustänn ugedeit, déi némmen d'Leit aus sénger Zeit verstanen hun. Vill vu sénge Lidder waren un d'Zäit gebonnen an se sin haut verluer a vergiess. An souguer wa mer se nach kenne géiwen, kénnte mer nüt verstoen, ém wat et gung. Eppes awer as sécher: Dem Blanne Mäerten séng Lidder waren dacks voll vu graffem Spott iwwer déi Grouss aus deér Zäit. De Martin *Holweck* war nüt némmen e lëschtege Veianer Musikant an e blanne Spillmann, hee war och ee vun eisen éische Satiriker. A séngem »Schwanegesang« mécht en den Uz mat den Handwierker:

1. Zu Veianen war Martin, de Blannen Konnt fir e Lidd kee Stoff méi fannen; Du duocht en: „Géi du dech erhénken Fir namol neie Stoff ze erdénken.”
2. Wéi ech du koum op di aner Sait, Sot ech: „Hei as dee Mann, deen nüt gesait, Ech géif elo gären alles gesinn, An all déi Leit, déi hei erém gin.”
3. D'Engèle spillte mer all hir Weisen  
Wéi Péitrus gung mat mir den Himmel  
[weisen:  
„Do hanne, kuck, steet nach d'Wacht am  
[Rhein,  
Nüt, wéi stin se nach a Glidd esou fein!”]

4. Ma Schneideren a Schouster ware kéng [do,  
Ech frot de Péitrus: „Wou sén se dann elo?”  
— „Si sén nüt zefridde mat hirem Loun,  
Se stielen de Leide Schnëppelen a Schoun!”]
  5. Moltesch-millere waren och kéng do,  
Ech frot erém: „Wou sén déi dann elo?”  
— „Hir Molterschossel war vill ze grouss,  
Si huele kéng Schossel, si huelen de Schouss!”]
  6. Modistinnen waren och kéng do,  
Ech frot alt nees: „Wou sén déi elo?”  
— „Am Himmel as alles an énger Gonst,  
Hei gét nüt geriën, an nüt gefronst!”]
  7. Branntwéinsbrenner waren och kéng do,  
Well all hire Schnaps as vill ze blo;  
An och déi versoffe Musikanten  
Gi verstuoss mat grousse Banten.
- No all Strof hun d'Leit all am Sall geruff  
sou haart se konnten:  
„Nu de nu, de nik nak nu,  
Nu de nu, de nik nak nu,  
Nu de nu, nu de nu, nik nak nu.”

De Blanne Mäerten as nüt al gin: 1895 as  
en zu 46 Joërs gestuerwen.

Jean Milmeister

# D'Rutsch

Mir stungen an der Groussgaass  
zu zwéin op engem Eck;  
mir waren déck um Téinen  
a koumen nét vum Fleck.

Op ämol seet de Méchel:  
„Jong, hal den Otem un;  
kuck niewent dir dat Kand do,  
wat wëllt de Mënsch méi hun?”

Ech kann iech némme soen:  
Et war wéi e Gedicht,  
an dobäi huet di Joffer  
apaarti gutt gericht.

Mir hun d'schéinst Kand stodéiert  
vu Kapp bis zu de Féiss;  
do seet mäi gudde Méchel:  
„Krëtjéft! dat do as béis.

Gesäis de wéi déi Rutsch do  
verschampeléiert d'Bild;  
bei mir do huet déi Péppchen  
elo schons ausgespilt.”

Wat as duerzou ze soen?  
de Méchel deen hat Recht.  
't si määschtens Klengekäten  
déi man den Androck schlecht.

D'Moral vun der Geschichtchen,  
déi läit klor op der Hand,  
si seet all Damm a Joffer  
an Duerf, a Stad, a Land . . .

Wëllt dir e Mann vergaachlen,  
gët Uecht op d'klengste Rutsch;  
well Strëmp mat enger Leder  
man all Intressi futsch!

René Kartheiser

# E modernt Lidd

Als Bouf hun ech dacks bei der Baach do gehuckt.  
Verdremmt hun ech émmer op d'Waasser gekuckt,  
wou d'Frelle sou flénk no de Mécke gesprongen  
an d'Villercher hu mer e Liddche gesongen.

Ma d'Zäit déi geet eriwwer, du mierks ét mol nüt,  
wéi alles schangéiert an anëschter gët.  
No Joren réischt koum ech bei d'Bächelchen zréck.  
Dat éischt, wat ech fannen: En décke Koup Dreck.

De Knascht an de Piff gouf an d'Waasser gekéiert.  
Ech kann iech et soen: Do wor ech erféiert.  
An d'Zäit geet eriwwer an d'Leit hu keng Rascht  
bis alles erstoff as — am egene Knascht.

Pol Pütz

# Maach d'Guckelcher zou

De Kiewerlek tompet. Den Hieschen, die rascht  
 De Vigelchen duckelt sech déif a säin Nascht  
 Den Hückock läit gutt warem am Stréi  
 De Päiperlek wéit sech ganz lues op der Bléi  
 De Götti, dien zitt eng Rido vrun d'Sonn  
 'T as Zäit mäi Kënnchen, nu hal schéin de Monn

Et as scho laang Rou am Stall an am Juck  
 All Schippelecher hun sech verstoppt énnert d'Kluck  
 Déng Miisschen, déi spénnt. Däi Mippchen, dien näipt  
 Déng Bomi, déi huet hire Kapp och gestäipt  
 An d'Sonn deckt sech lues mat Wollécken zou  
 'T as Zäit mäi Kënnchen, komm gëf endlech Rou

De Péitrus, die fänkt séng Liichterchen un  
 De Mound zitt ganz stéll durech d'Stäre séng Bunn  
 Déng Mamma as midd. Den Dag, die war laang  
 Si as vun de Muerge fréi u schon um Gaang  
 Lo hätt si och gär eng Grimmelche Rou  
 'T as Zäit mei Kënnchen, maach d'Guckelcher zou

Pir Kremer

# Den »Helikopeter«\*

Vun Dag zu Dag sin d'Ganne méi grouss gin. Si hu geblénkt van Houfert a stunge séier strutz ewech. Wéi wann se wéllte weisen, wat si nét alles kénnten a wéi dichteg, datt se an dene letzten Degen zougeholl hätten. Et konnt ee bal gesin wéi d'Reien an de Wéngerten émmer méi schmuel gi sin, well d'Énner émmer méi no báienee kummen. Wéi wann si et nét kénnten ofwaarden fir énnereeneen ze gon. Wéi wann se eent ouni dat anert nét existéiere kénnten. Wéi wann eent dat anert wéllt stäipen. Dann huet et och nees ausgesin, wéi wann se zessumme génge mëmmelen; wéi wann se vun elauter Gespréich ganz génge vergiessen, datt si och do wiren fir déi kleng Drauwen eraus an d'Sonn ze kréien.

A wéi et du bal esou wäit wor, du hun déi éischte Kéier an dësem Jor d'Sprëtzmotore gedauscht. Du wor et esou wäit, datt bal iwverall an e puer Deeg ganz friem Vullen iwver d'Koppe kummen. Vigel wéi eis Grouspappen nach keng gesin haten . . .

D'Lut wor voller Gedäisch wéi deen éischten Helikopter an dësem Jor iwver d'Duerf op de Wéngertsbierg zou gekiirpt as. E Spénglegréitchen mat engem schéinen, décke Kapp a mat ganz duurhische Flillécken, well et huet een se nét gesin. Et muss elle rose gewies sin. Wéi wann een hannert hir hier wir, sou huet se gebrummt.

Iwver de Réck hat et eppes ewéi e groussgen Hellegeschäin. Wéi wann se direkt aus dem Himmel vun de Joffere komm wir an et hätt vergiess den Hellegeschäin ofzegin. Um Schwanz huet e klenge Propeller esou séier gedréit, wéi wann hien dru wir Course ze man. Ma hien huet dat Viischt vun der Joffer nét erém kritt . . .

Iwver de Wéngerten as dat Déngen e bee-mol stoe bliwwen an huet sech dat schéint Gréngs énnert sech gutt ugekuckt. Et as e puermol hin an hir geschwenkt; et huet sech hanne gelicht; et huet sech gedréit an du

gung et mat der Nues no vir erof. Et hat eng Plaz fond, wou et konnt ausrouuen.

Ma déi Freed wor vu kuurzer Dauer, well et huet keng puer Minutte gedauert, du waren déi éischt Bouwen mat dem Rad hantern him hir. Dat huet deem groussen Déier aus der Lut awer näischta ausgemat an et as och roueg bliwwen wéi aus dem Hellegeschäin lues a lues en déck Stréch gin as, dee getuddelt huet. Et huet nét méi gebrummt an sech och weider nét géiergert, wéi se ugefaangen hun un him ze frieden.

Et huet eemol gepaff wéi wann d'Loft him ausgaange wir an du stung et roueg am Wues. Et huet sech alles gefale gelooss an et huet emol nét géaupst wéi se him eng wäiss Britt an d'Säite geféllt hun, wéi wann se et wéllten erém oppompelen. Wéi se et du um Bauch gekéddelt hun, fir et un d'Fléien ze kréien, du huet et awer ugefaangen e bëssche kriwwéleg ze gin, well et huet geziddert an as ganz hafteg gin, wéi sain Hellegeschäin erém méi grouss gin as.

Du hun déi ronderém et mat der Aangscht ze donge kritt, well si si séier e puer Meter zréck gewach.

Bannenzeg an deem Apparat huet et gesouert a gemuel. De Krees iwver der Joffer as émmer méi ganz gin. De Propeller um Wupp huet sech en Ulaf geholl fir eng nei Course . . .

Wéi e Mann an déi déck Méck erageklommen as, du huet si e bësschen nee gewénkt. Et huet awer nét laang gedauert, du hat hien si berouegt an si huet gefollegt wéi hien et gären hat.

D'Gras énnendrännner as vun enger Schwächte an déi aner gefall an as ganz duurchenee gin wéi de grousse Vull sollt fortfléien . . .

D'Bouwen, an och déi Grouss, woussten nét wuer se sollte fir d'éischt kucken, fir bei-leiwen näischta ze verpassen. Si hun sech mat den Hänn an de Boxentäschen ugehalen. Et kann een ni wëssen!

\*) (Variant op der Musel fir »Helikopter«)

Dee Mann, deen de Courage hat mat därschéiner grousser Joffer unzebëntelen, muss hir schéi gesproocht hun, well ee beemol huet si sech virun allen, déi do stungen, ver-näipt; huet de Schwanz nees e bësschen an d'Luucht gestreckt a scho wor si um Fléien ..

Iwwer d'Stäck ewech, déi vu Schreck de Kapp gebéckt hun a bal nüt méi esou kéng woren opzukucken. Eréischt wann de kommesche Vull eng etlech Meter méi wäit ewech wor, dann hun d'Enner sech lues a lues opgeriicht. Et huet ausgesin, wéi wann se ganz paff wiren, datt hinnen esou eppes

kënnt passéiren. Ma duerno hun si nach méi houfreg dra gekuckt ewéi virdrun an hun emol nüt probéiert deen dënnen, dënne Schlär ofzerëselen, deen déi Joffer an aller Vitesse iwwer si gesponnen a gewieft hat. .

Du sin och déi zou sech komm, déi virdrun ronderëm stungen. Si sin an hir Wéngerte gelaf an hu gefrueden, ob dee Schlär och de richtige wir, fir hir d'Drauwen an d'Stäck esou unzedongen ewéi de Rescht vum Fréijor an de Summer et gären hätten, éier déi grouss Hochzäit vum neie Jorgank mat der Drauwebléi kënnt ausgeruff gin ...

Will Reuland

# »Eis Sprooch« Lezebuech

(Op ausdréckleche Wonsch vum Här Ludwig an der Schrifweis vun 1946)

## Protokol

ivert èusseruedentléch haaptfersamlong fun der gesèlshaft »Ais shproogh« (gegent den 13.1.1952) e metvoght de 24. novèmber 1971 em 15 auer ze Lezebuech, 59, Boulevard de Verdun, 2. shtak.

Et sin zu déer fersamlong erschéngen:

1. den Hèèr Lucien Ludwig, Lezebuech, member fum komité zenter dem 1.2.1953,
2. den Hèèr J.-P. Rosch, Péiteng, am komité als kéessié zenter dem 16.2.1958,
3. den Hèèr Henri Trauffler, Maamer, member,
4. t Madam Hélène Meer, Lezebuech, member,
5. den Hèèr pashtouer Jean Hess, Mèèrzéch, member, fiir ze berooden an ze beschléissen iver déi haien traktanden:

ad 1/ Déélvais ernaierong fum komité no art. 5 fun de shtatuten: den Hèèr Ludwig begréist déi genant damen an hèèren a biet se déi ernaierong fiirzehuelen op gront fun dèèr haier proposissiou:

1. den hèèr Ludwig, member fum komité, get président,
2. den hèèr Rosch get am komité als kéessié konfirméiert,
3. den hèèr Trauffler, member, kent an de komité,
4. t madam H. Meer, member, kent an de komité,
5. den hèèr pashtouer Hess, member, kent an de komité.

Déi proposissiou get mat ale shtemen ugehol, an den hèèr président begréist déi nai membre fum komité déén domade séng minimaalzuel erem huet.

ad 2/ Zuel fun de membran a konsékuènzen déi entshtin:

de président dèelt mat, dat déi fenef membre fum komité ogh anèngems déi fenef èènzéch membre sin fun de gesèlshaft, an dat domaden t fro séch kent shtèle fun hiirer fortuner eksistènz. De président konsitatéiert vaider dat t èusseruedentléch haaptfersamlong duech hiir membran aleguete besicht an domade kapaabel as fol ze beshléissen. Jederè fun dééne membran huet èng kopi fum invitassiounsbréif fum 12.11.1971 enershrije fiir ze soen dat en dé bréif kruut; déi kopie laien am dossier fun der fersamlong.

ad 3/ Akoor mat »Aksioun lezebuejesh« fiir èng zsumenaarbécht:

de président get bekant, dat hie sèlver zenter der rendong am fébruar 1971 member fum komité as fun der naier gesèlshaft »Aksioun lezebuejesh«. De komité fun dèèr gesèlshaft huet bedauert, dat déi zaïtshreft »Ais shproogh« zenter joeren net méi ershéngen as an t fro geshtalt, op et net méijléch vèèr, duech èng zsumenaarbécht, déi bis ze ènger fusioun kent goen, ais zaïtshreft enert dem nèmléchten titel komen ze loosen. T fersamlong as èështeméch dakoor mat dem ugebot fun »Aksioun lezebuejesh« an déssidéiert ogh èështeméch dem président t réalisassioun ze iverdroen.

ad 4/ Finanzièl situassioun an désharsh fum kéessié:

de président enerriicht t fersamlong, dat de kéessié e rapoor geméét huet iver de shtant fun de finanzen èus déém erfiürgèèt, dat t ferméijen an èngem dépô op dem postshèk 150-14 ze Lezebuech fu 34.186,— frang beshtèèt; ogh t kéésburgh daat fum kéessié gefouert gin as, vaist déi nèmlécht zom. Op gront fun dèèr konstatassioun duech t fersamlong, an op t proposissiou fum président, krit de komitésmember a kéessié Jèmpy Rosch désharsh mat mèrssi fiir séng zergutst jhèstioun duech èështeméje beshlos fun der fersamlong.

ad 5/ Finanzièl metelen ze gonshte fun »Aksioun lezebuejesh«:

Fiir t réalisassioun fun der zesumenaarbécht an der fusioun mat der »Aksioun lezebuejesh« get et séch fum sèlven, dat al finanzièl metelen, déi »Ais shproogh« huet, der »Aksioun lezebuejesh« iverdroe gin fiir et hiir méijléch ze maan, hiire program am déngsht fun der lezebuejer shproogh a shreft fiirun ze draiven an zemool ais zeitshreft »Ais shproogh« séier ershéngen ze loossen. De président biet t fersamlong him ze erlaaben 34.000,— frang op t' »Aksioun lezebuejesh« ze iverdroen, voufiir t fersamlong èshtemech hiiren akoor get. Doroberhin iverrèech de président dem késséié e shraives, esou vi et art. 9 fun de shtatute ferlaangt, mat dem opdraagh et viremènt fu 34.000,— frang op de postshèkkont no 99 fun der shtaatlécher shpuerkéés ze Lezebuech ze gonshte fun der »Aksioun lezebuejesh« ze enershraiven.

ad 6/ Opléisong fun aiser gesèlshaافت:

De président vaist nèes op t situassioun fun aiser gesèlshaافت vaat t zuel fun hiire membren ugèèt, an zemool dorober, dat déi kèp, déi am fong ales an der gesèlshaافت gedriven hun, èèn noom aaneren an t éivéchkèèt geruf gi sin, an dat se nii konten ersaat gin. E biet t fersamlong opzeshtoen an e léive gedangken an e léive mèrssi ze hun fiir t gendrer fun » Ais Shproogh«, baal 20 joer zérék, den 13.1.1952, a fiir déi aaner komités-membre bis haut, ogh al membrén am algemèngan an déénen èng flaam fiir t hèèmétsshprogh gebrant haat, an déi net méi bai ons sin:

Binsfeld Frènz, Blum René, Braun Jhèmpi, Comes Isi, Gremling Ferdi, Hever Méchel, Pletschette Nik.

De président séét merssi fiir déi andèchtéch gedangke fun der fersamlong déi en da biet, elo ogh nach de lèsheten, de shwéiersten akt ze din: den akoor mat ale shtemen fiir ogh ais gesèlshaافت an t graaf ze léén, mat viirkong fun e samshdäch de 27.11.1971 mat

déém ament vou t rendongs-fersamlong am Pôle Nord ze Lezebuech t »Aksioun lezebuejesh« ofizièl an t èksistènz rift. Déi nai gesèlshaافت hèt dan èng déklärassioun oofshtemen ze loose fiir den uevegenanten akoor mat »Ais Shproogh« ze ratifizéieren. »Ais Shproogh« huet aaver déi ssatisfaksioun an déén troucht, dat se de soom as fiir e nait opershtoen am kiirper fun »Aksioun lezebuejesh«. T fersamlong shléist séch de viirder fum président un a beshléist èsshteméch t opléisong fun der gesèlshaافت am kaader fun der ueve gesooter prozéduur. ad 7/ Fershidenes:

De président séét ogh nagh mèrssi al déénen déi op iirgent èng manéier der gesèlshaافت déngshter gelèèsh hun, zemool aaver der réjéirong fiir déi sübsiidie mat déénen si der gesèlshaافت jéneréis enert t èèrem geograf haat. An ze guder lèshet vaist de président dorober hin, dat t anarshi an der shraifvais fun der lezebuejer shproogh net zem guden as, zemool jhüst net mat ènger shraifvais déi ilégaal als baasis déi friem héidaits shproogh partu vel haalen, a vou èèn emer mus èusgoe fun dèèr friemer shproogh fiir iverhaapt, esou menge si, lezebuejesh kenan ze shraiven. Et gelt séch las ze maan fum frieme géesht déén t hant vel féire va mer shraiven, an e séét: Las gi mer fun déém frieme géesht va mer shraiven no de rééjle fun der internassionaaler fonéétik vi se, ugepast fiir ais lezebuejer shreftshproogh, fest-geluecht as gin duech den arrêté ministériel fum 5.6.1946, am mémoriaal publizéiert de 7.9.1946 als ofizièl ortografi fun aiser shproogh, ortografi déi menger vèréch éent as mat der séil fun aisem folék, vèl si as loojesh, liicht a lezebuejesh.

Nodéém konshtatéiert get dat t traktandeesht erliedécht as, a vèl kèè méi t vuurt gefroot huet, hieft de président t fersamlong em 16.30 auer op.

Lezebuech, de 24 novèmber 1971.

Lucien Ludwig, J.-P. Rosch,

Henri Trauffler, Hélène Meer, Jean Hess

# Haaptversammlong

vun der *Action Lützebuergesch*

de 27.11.1971 ém 3 Auer am Pôle-Nord ze  
Lützebuerg

(Kuurze Rappor)

An enger intressanter Usprooch huet de pro-  
vesoresche Président Heng *Rinnen* d'Leit  
wëllkëmm geheescht an hinne gesot, wéi  
frou e wir, datt der esou vill (iwwer 100)  
sech op den helle Samschdeg Nomëtteteg  
d'Zäit gestuel hätten, fir dohinner ze kom-  
men. Am Grousse Ganzen huet e vum  
Zweck vum Veräin geschwat an dernieft  
d'Haaptetappe vun der Entwécklong vun  
eiser Sprooch opgezielt. 150 Jor hätt eis  
Sprooch gebraucht fir sech op déi Platz ze  
schaffen, wou se haut steet. An haut hu mer  
eis Litteratur, eis Grammatik an eis Schreif-  
weis, an 't kënnt ee bal soen mir wiren um  
beschte Wee eng Héichsprooch ze gin. Wa  
mer am daagdeegleche Schwätzchen och alle-  
guer eis Sénne géint d'Sprooch géife maa-  
chen, da missste mer iewer derfir suergen, datt  
d'Lützebuergesch am Geschriwwene bléif,  
wéi et sollt sin. Déi nüt esou richteg dra ge-  
wullt hätten, déi kënnte glat a guer nüt  
wëssen, wat fir eppes Schéines an eiser  
Sprooch, vläicht e bësselche verstoppt, léig.  
A wien dat nüt glewe wëllt, dee sollt sech  
d'Zäit huelen an eng Grimmel am Diction-  
naire bliederen, da géif en sech doudsécher  
wonneren. Schummeswäert wir et, datt vum  
Dictionnaire, dee bis elo an 3 ganz Bänn vu  
ronn 1500 Säiten (A—Sch — Oplo 2000),  
ze kréien as, némmen eppes 1200 Stéck ver-  
schéckt gin, an datt eis Schoulen en emol nüt  
alleguerte kriten. D'Leit hu mat grousem  
Intressi nogelauschtert an duurch Klappe ge-  
wisen, datt et hinne gefall hat. Den Här  
*Rinnen* huet der Verenegong vill Gléck ge-  
wünscht. Hie selwer hätt keng Zäit fir  
d'Fonktioun vum Président virunzeféieren,  
dat wëllt awer nüt soen, datt en nüt nach  
matschaffe géing. Dono wor et um Sekretär  
Ch. *Malané* fir eng Iwwersicht vun der  
Aarbecht vun der Verenegong bis elo ze gin.

Kuurz wat e sor. Fir d'éischt huet en  
d'Grénn an d'Ursaachen opgezielt déi um  
Enn 20 Leit beieneebreucht hun, fir de Ver-  
äin ze grënnten. No eenzele Kontakter wor  
de 5.2.1971 den éischten offizielle Rendez-  
vous. Do waren d'Joffer Lily *Unden*, d'Hä-  
ren A. *Atten*, J. *Bertrand*, R. *Faber*, Paschtouer  
J. *Greibeldinger*, R. *Kartheiser*, Luc.  
*Ludwig*, Aloys *Raths*, Paschtouer Arthur  
*Reckinger*, Heng *Rinnen*, Lex *Rotb*, Emil  
*Schmit*, Dr. Metty *Schroeder*, Félix *Stein-berg*, Charel *Malané*, entschéllegt d'Hären  
Dr Emile *Dubr*, Jhemp *Hamilius*, Dechen  
Jules *Jost*. — 'T gouf sech ausgeschwat an  
alles wor iwwerzeeg, datt eng Verenegong  
néideg wir, fir eis Sprooch ze stäipen géint  
all dat Friemd, dat sech sou halwer dra  
Meeschter mécht. Provesoresch gouf d'Vere-  
negong gegrënnt. Den Här *Rinnen* huet  
d'Plaz fir Président ugeholl, déi vum Se-  
kretär goung un den Här *Malané* an den  
Här R. *Faber* krut d'Keess. Déi aner sin als  
Gedeler ageschriwwen. No de Statutten,  
déi provesoresch festgesat gouwen, huet sech  
gewisen, datt et onméiglech wir ze schaffen,  
uni an der Schreifweis eens ze gin. No en-  
gem äerdegen Hin an Hier as sech eens g'n  
fir d'Schreifweis vum *Dictionnaire* ze hue-  
len, nüt fir d'lescht well een sech no deem  
riichte kann. — Wat de provesoresche Com-  
ité bis elo Opweises huet sief kuurz er-  
nimmt: Un de Bistum gouf geschriwwen  
wéinst der Sprooch an eise *Kirchen*. Am  
Abrëll 1972 wor eng Delegatioun beim Här  
Bëschof gewiescht, fir dorriwwer ze schwätz-  
zen an et gouf vill Versteesdemes derfir  
fond. Beim Schoulminister gouf no engem  
Lützebuerger *Schoulbuch* gefrot an eis Héll-  
lef ugebueden. Den Här Minister *Dupong*  
huet op eise Bréif am gudde Senn géantwert  
an eis Hélllef ugeholl. D'Aarbechte fir  
d'Buch sin esou wäit fäerdeg. Beim zoustän-  
nege Minister a beim Här Postdirekter hu  
mer gefrot fir 1972 e Michel *Rodange-  
Käppchen* mat Lützebuerger Text ze kréien.  
Wann och gemengt gouf dat offiziell Wuert  
LUXEMBOURG dierft nüt ewechbleiwen,

krute mer eise Wonsch dach zum Deel erfüllt. Der Kopleschter Gemeng hu mer geschriwwen a gewünscht, datt si *d'Stroossennimm* um Bridel, sou wéi *d'Leit* se nennen, och huele soll. — Dono koum de Sekretär op *d'Plange* fir fortun. Hei wir ze nennen: Lëtzebuergesch an de Spillschoulen, an de Kannerschoulen an de Kolléischer a Mëttelschoulen, an der Kiirch, an den Zeidongen (Annoncen, Reklammen), op de Stroossen an Duerfschëlter. Op dene Schëlter sollten déi Lëtzebuerger Nimm wéinstens nieft den offiziellen Nimm stoen.

Well et nüt déck mat der Veräinskeess wor, as dem Här René *Faber* säi Rapport zimlech kuurz an e krut vun der Versammlong gär Décharge.

An der Versammlong huet de Président vun der Verenegong EIS SPROOCH, den Här Lucien *Ludwig*, de Rapport vun hirer leschter Comitéssëtzong virgelies an deem et heescht, datt d'Verenegong Eis Sprooch opgelist as, *d'Fongen*, 34 000,— Frang, gin der Actioun Lëtzebuergesch vermaacht mat der Oplo, datt *d'Zäitschrëft* vun der Actioun Lëtzebuergesch den Numm EIS SPROOCH, erausgi vun der Actioun Lëtzebuergesch, misst kréien. Dat koum ganz onerwaart, et gouf gär ugeholl, an *d'Leit* hun nüt geknéckt mat Klappen fir merci ze soen. Den Här Président *Rinnen*, grad esou iwwerrompelt, huet dun an enger klenger Usprooch *d'V редéngscher* vun en etleche Leit vun EIS SPROOCH opgezielt an dem Här *Ludwig* merci gesot fir säin noble Geste.

En neie Comité wor huerteg gewielt, well sech nüt méi Leit gemellt haten, wéi der néideg waren; e puer Leit aus dem proveresche Comité hun sech zréckgezun, si sin awer nach virun derbäi fir matzeschaffen.

Dono koum *d'Lëtzebuergesch* am Radio, an de Schoulen, an der Kiirch an am Daagdeeglechen zur Sprooch. Et si schéin a bësseg Mänongen op *d'Tapéit* komm.

Den Intressi fir déi nei Actioun LËTZE-BUERGESCH huet sech an der Grénnongsversammlong gewisen an e beweist sech vi run duurch déi vill Umellongen, ronn 400 bis elo (Klappen).

#### Comité 1972:

Präsident: Roth Lex, Esch-Uelzech;  
Vize-Präsident: Ludwig Lucien, Lëtzebuerg-Belair;

Sekretär: Malané Charel, Lëtzebuerg-Bounewee;

Caissier: Faber René, Lëtzebuerg-Märel;

Membren: Linden Kamill, Philippe Robert, Reckinger Arthur, Schanen Jhang, Dr. Schroeder Metty.

(En uerge Schlag fir d'Actioun wor et wéi der Doud den Här K. Linden ewechgerass huet, knaps datt d'Actioun entstane war. Fir de Moment gët e vum Här Rinnen ersat.)

De Sekretär: Ch. Malané

# Statute vun der Actioun Lëtzebuergesch

(Verenegong ouni Gewënnzweck)

festgesat vun der Haaptversammlong de 27. 11. 1971 em 3 Auer Mëttes am Sall vum Pôle-Nord ze Lëtzebuerg.

De 15.2.1971 sen ze Lëtzebuerg zesumme-komm: D'Joffer Unden Lily, d'Hären: Atten Alain, Bertrand Jhemp, Faber René, Dr. Duhr Emile, Paschtouer Gevelinger Jos, Goedert Camille, Hamilius Jhemp, Dechen Jost Jules, Kartheiser René, Ludwig Lucien, Malané Charel, Philippe Robert, Raths Al., Paschtouer Reckinger Arthur, Rinnen Heng, Roth Lex, Schmit Emile, Dr. Schroeder Metty, Steinberg Félix.

Se hun alleguerten d'Lëtzebuerger Nationalitéit a grënnen eng Verenegong ouni Ge-wënnzweck (V.o.Gz.) déi sech no dëse Statuten an nom Gesetz vum 21.4.1928 riidt:

## Kapitel I — Numm, Sëtz an Zweck.

Art. 1: Den Numm vun der Verenegong as: Actioun Lëtzebuergesch.

Art. 2: De Sëtz as ze Lëtzebuerg, d'Dauer as nüt begrenzt.

Art. 3: Den Zweck vun der Verenegong as fir alles anzetrieden, wat lëtzebuergesch as, apaart fir eis Sprooch, geschwat a ge-schriwwen.

Art. 4: D'Verenegong as politesch a reliéis neutral.

## Kapitel II — Mëmberen

Art. 5: Jidderee ka Mëmber gin, wann en den Zweck vun der Verenegong respektéiert a séng Cotisatioun bezillt.

Art. 6: D'Zuel vun de Mëmberen dierf nüt manner ewéi dräi sin, no uewe besteht keng Grenz.

Art. 7: Et as een nüt méi Mëmber, wann ee séng Demissiouen gët oder d'Cotisatioun nüt méi bezuelt.

D'Haaptversammlong kann e Mëmber ausschleissen, wann en der Verenegong schuet oder géint hiren Zweck schafft.

## Kapitel III — Verwaltung

Art. 8: D'Verenegong gët vun der Haaptversammlong a vum Comité geleet.

Art. 9: D'Haaptversammlong huet all Rechter déi hir duerch d'Gesetz zoustinn. Si gët op d'manst eemol am Jor ofgehalen. All Mëmber kritt wéinstens 14 Deeg virdru Bescheid.

Art. 10: De Comité gët vun der Haaptversammlong gewielt. E besteht aus 3—9 Leit, déi verschidde Plazén gin énnert sech verdeelt.

Art. 11: De Comité huet all Rechter déi nüt vum Gesetz extra fir d'Haaptversammlong virgesi sin. E kënnt wéinstens 6mol am Jor zesummen. Séng Aarbecht gët nüt bezuelt.

D'Bicher gi vun 2—3 Reviseure kontrolleiert, déi vun der Haaptversammlong gewielt gin.

De Comité kann Aarbechtskommissiouenen nennen, déi no engem Reglement schaffen.

## Kapitel IV: Aner Bestëmmungen

Art. 12: D'Cotisatioun vum Jor as héchstens 250,— Frang. Si gët vu Jor zu Jor vun der Haaptversammlong festgesat.

Art. 13: Wann d'Zuel vun de Mëmbre man-ner ewéi dräi as, gët Verenegong opgeléist. D'Fonge gi fir eng gläichgesénnt Verene-gong reservéiert.

Art. 14: Fir alles wat nüt an dëse Statuten virgesin as, gëlt d'Gesetz vum 21.4.1928.

# Kamill Linden †

Nach éier déi éischt Nummer vun der Actioun Létzebuergesch eraus konnt kommen an éier e richteg ugesat hat fir matzeschaffen huet de Comitésmëmber Kamill *Linden* äis fir émmer verlooss. Vill ze jonk, eréischt 53 Jor al.

E wor zu Didléng gebuer de 15. Mäerz 1919. Vun do aus goung en op Létzebuerg an de Kolléisch a wollt Affekot gin. Vu Kandoen hier begeeschtert fir séng Hemecht wor en direkt no deem barbareschen Iwwerfall vun den Naziën, den 10. Mä 1940, géint esou e Rechtsbroch an huet de Kapp gewisen. Dofir gouf en ewell am November 1940 mat anere Schoulkomeren vun der Gestapo an d'»Schulungslager« Stahleck geschleeft. E wor och gläich bei der Resistenz, dem LFB, zu Didléng mat derbäi an d'Gestapo huet e geholl a verhéiert, zu Esch an an der Villa Pauly zu Létzebuerg, éier en an de Prisong an de Stadgronn an op Tréier koum. Am Mäerz 1941 gouf en erausgelooss, awer no dem Streik vun 1942 erém agesat, well en och do d'Hand am Spill hat an sech dergéint gewiert huet, wann hien och selwer nüt derbäi wor, fir agezunn ze gin. Sechs Méint gouf en an Däitschland énner »Schutz« geholl. Erém doheem, e konnt nüt anesch, huet e viru mat der Resistenz, dem Grupp Glesener a Maroldt, zesummege schafft. E krut 1969 den Tétel Resistenzler an 1971 d'Medaalje vun der Resistenz.

Nom Krich konnt en dun eréischt färdeg stodéiere goen. 1946 gouf en Affekot a wor um Barreau ageschriwwen bis 1966, souguer zwee Jor laang am Conseil de l'Ordre.

Een, deen esou eng Oder wéi de Camill Linden huet, kritt et nüt färdeg aus der Politik erauszebleiwen. En as an de »Groupe-

ment« agetratt a wor do e Schaffpäerd vun der neier demokratescher Partei. 1957 koum en op där Léscht an de Gemengerot vun der Stad Létzebuerg an 1959 as en Dépetéierte fir den Zentrum an der Châ默ber. 5 Jor wor e Président vun der Partei, zer gläicher Zäit am Europarot an an der WEU. 1959 as en den éischte Létzebuerger Président vun der BENELUX gin. Vun 1946 bis 1948 wor e Chef-Redakter vun der Zeidong »Unioun«, déi dono, wéi se mat der Obermosel zesummegong, de »Létzebuerger Journal« as gin. 1966 gouf en d'Politik an d'Zeitungsschreiwen op, an en as 1967 an der Chamber Bäisaz als Greffier gin, d'Jor derno Greffier. E wor dat och vum Europa-Parlament.

Et kann een nüt soen, en hätt nüt alles gin, fir séng Menong ze verdedegen an der Châ默ber, an der Partei, als Redakter. Do bai blouf en dach émmer fair, fréndlech, an en huet gehollef, wou et némme gaangen as. Et duerf ee roueg behaapten, datt en némme Frénn hat, déi vun den aneren Parteien hun e respektéiert.

Muss een ernimmen, datt en och internatio nal unerkannt wor, dat beweise séng Auszeichnungen aus der Belscht, aus Holland an aus Däitschland.

De Président vun der Chamber, den Här P. Grégoire huet an der Sétzung vun der Châ默ber, den 29. Mäerz 1972 vum Kamill Linden gesot, wéi héich Stécker si alleguer op e gehalen hun.

D'Acioun Létzebuergesch hat sech och vill vu sénger Mataarbecht versprach. Et koum anesch. An dat as dauereschued. En as esoubal nüt vergiess. hr

# Wéi schreift ee lëtzeburgesch?

Haaptregele vun eiser Schreibweis

Nom Lëtzebuerger Dixionär SS. XLV bis LI a *Robert Bruch: Luxemburger Grammatik in volkstümlichem Abriss*, zweet Oplo, vum *Leo Senninger* nogekuckt, (Bulletin Linguistique et Ethnologique, fasc. 12—14, Institut Grand-Ducal, Section de Linguistique, de Folklore et de Toponymie, Luxembourg, 1968 — 5 Bredewee, Lëtzebuerg. Präis 125 Fr.)

## I. Vokaler

Et énnersheet een tëschent kuurzem a laangem a, ä, e, i, o, u.

1) E Vokal liest ee kuurz viru méi Konsonanten (vgl. Vermierk 1).

a : En as nach schappeg, en huet sech nüt gutt erkrabbelt. En hat eng am Batz vum Schnaps. Dat as eng abgaschteg Band.

ä : Eis Männer huelen nach e Pättchen. De Buurgermeeschter hänkt sech d'Schärp ém.

## e-Laut vgl. énnner 3.

i : En as émmer um Dill fir e Lidd ze sangen. De Misch konnt kee Wuert méi pipsen.

o : Eng ronn Bomm aus Goss. Huel den Hond mat fort. Dem Koschter séng Jongen.

u : Bréng den Hummer an den Huwwel. D'Wurshtmaschin as futsch. Den Zuch as husch.

Vermierk 1). Bei eesilbege Wiederer steet och no engem kuurze Vokal en eenzige Konsonant, sou bei: am, an (*in*), an (*und*), as (*ist*), as (*als*), bas, bis, dës, din, dit, drëm, drop, drun, dun, dut, ém/em (*um*), em (*ihm*), en (*ihn [en]*), ès, et, gës, gët, gin (*geben*), ech gin (*gebe*), git (*geht*), him, hin, hun, mam, mat, nüt/nit, ob (*ob*), op (*auf*), schon, sëf/sief, sid, sin, stin, stit, um, un, vum, vun, zum *asw.*

Vermierk 2). Virum eenzelne g an dem eenzelne, mëllen s liest een de Vokal kuurz:

Digel, Ligen, Vigel, Vugel, Kugel, ondugen, gezugen; bëselén, réselen, Dusel, Musel, Fusel.

2. E Vokal liest ee laang viru méi Konsonanten; dofir gët viru méi Konsonanten dee laange Vokal duebel geschriwwen (*ch as en duebele Konsonant, w as némmen ee Konsonant*).

a : Kaf keng Kaz am Sak. Et wor em baang am schwaarze Bësch. En huet haart gelaacht, well ech bal an d'Lach getrollt war. Den dawe Jhang.

ä : Et as keen Här, 't as en domme Kärel. Hie fäört d'Päärd (*odder och*: Hie fäört d'Päärd).

## e-Laut vgl. énnner 3.

i : Géi virun d'Dir. Et huet e Gesicht wéi eng Piisch a Lëpse wéi Kiischten.

o : E wor rosen an e sot, en hätt em et gutt geblossen. Déi Bootsch wär mir grad mooss.

u : En hat de ganze Mure getut. Drénk pur Waasser vum Bur. An der Uucht wor en ze kuuschteg fir d'Luucht unzefänken.

3. D'e-Lauten halen sech um déiselwecht Regelen fir d'Längt an d'Kiirzt.

a) Dee kuurzen affenen e-Laut gët mat e geschriwwen:

Du léigs besser am Bett. Do hues de eng frech Laus am Pelz.

Den Émlaut vun a schreift sech ä:

Fra — Frächen, Kach — Kächen, Sak — Säck, falen — hie fällt.

b) Dee laangen zouenen e-Laut gët duurch e erëmgin odder, fir et méi licht ze liesen, besonnesch an eesilbegen onbetounte Wiederer gin zem dackste keng ee geschriwwen:

Du Ekel, du Efalt. En as émol nüt eemol bei mech komm. Stouss dech nüt mam Been un dee Steen. Neen, ech kenne keen esou. Deen as et gewiescht.. — A ville Lokalmondarthen gët amplaz dee spatzén e/ee-Laut e breten ä geschwät: än Afalt, à Bän, Flääsch, wuer gääsch de, u kän Enn.

c) Dee betounte ronnen e-Laut gët mat (ë) gezeichnet: En as némmen nach jhust den drëtte gin, nüt wouer? Ech hu mer gëscht e Brëll kaaft. — Bei eesilbegen onbetounte Wiederer gin zem dackste keng Tëppèle gesat:

em, en, der, mer; grad esou as et bei Vërsilben be-, ge-, ver-, zer-: bedréien, gelungen, verlaangren, zerschloen, awer nüt, wann e puer Vokalen direkt noeneen stin an duerwéinst d'Wuert schwéier ze liese wir: en as gëeelzt, ech hu mech gëiirt, si hun hie gëiert.

Mat Silben um Enn vum Wuert as et d'selwecht: kommen, soen, goen, droen, awer: Leën (Schiefer), verleën, Leér (Lager).

Den Émlaut vum o gët ë geschriwwen: Tromm-Trëmmchen, kommen- du kënnns, Loft- lëftek/Lëftchen, Schold- schélleg. Den ô bleift némmen a Wiederer déi zesoe reng aus dem Héidäitschen stamen: blöd, Pöbel, vermöbelen.

d) Dee kuurzen zouenen e-Laut viru ch (ech-Laut), ck, ng, nk an chs (x) gët é geschriwwen:

dréchen, bέcken, Léngent, méng, déng, séng, wénken, bέchsen; bréng eng déck wέllen Decke fir deen Décken. De Méchel wénkt Rauten. D'Anni stréckt (*strickt*) amplaz ze strecken (bügeln).

Déi perséinlech Virwieder (ech, mech, dech, sech) an déi onbetount Silben um Enn -echt, -ek, -ech (Aarbecht, Stéffecht, Musek, Éislek, gráisslech, gewéinlech) kréien deen Akzent nét.

## II. Diphtongen — Duebel Lauter.

Et schreift een ouni Längt a Kürzt auserneenze-halen:

*au* : Do schéisst dee Bauz der jo nét déi Hausdauf baufdeg vun der Mauer. Soll ech der eng jhauen, du Lausbouf! Am Plural gét et: ai an äi: Haus — Haiser, Maus — Maischer, Bauz — Bäizi, Schlauch — Schläich.

*äi* : Géf äis wäisse Wäin.

*ei* : Déi al Scheiere fánke liicht Feier. Firwat sech mat esou Leit geheien, et leit (*leidet*) een zevill drénnner.

*éi* : E krut d'Kéier nét séier genuch am Schnéi, wéi? Déi Kéi sin ewéi rosen.

*ie* : Ech iesse keng Liewer. Et sief dann. Wien as hien?

*ou* : En huet em eng Flou an d'Ouer gesat. Looss d'Kou roueg.

*ue* : Ech hat no der Fuesent e schwéiere Kueder. Hues de déi Kueben douewe gesinn?

## III. Konsonanten

Duurchewech follegt een dem héidäitsche Schréftbild, wéi:

Rad — *Rad*, Pad — *Pfad*, Patt — *Pfote*, Bud — *Bude*, Lidd — *Lied*, Ribb — *Rübe*, Rëpp — *Rippe*, Stébs — *Staub*, Kriibs — *Krebs*, Gemitt — *Gemüt*, Kopp — *Kuppe*, Léiw — *Löwe*, léif — *lieb*, fir — *für*, vir — *vor/vorne*, ob — *ob*, op — *auf*, heemlech, renglech, deierlech, hurteg, bélleg, hongereg.

A betounent Ennsilbe steet ch fir dat däitscht g:

Du hues Zait genuch fir op den Zuch. En huet sech am Krich ewech gemaacht. E krut den Trach méi héich gehaangen.

De franséische g- oder j-Laut wéi an de Wieder gendarme, joie, schreiwe mer mat jh: Wéi de Jhämp nét wollt vijhenzeg marjhéieren, huet de Jhang em eng gejhauft, datt en dausend Jhum-deckele gehéiert huet.

Wiederder déi wéi am franséische bliwwen sin an nét geännert hun, gin och mat g- a j- geschriwwen:

Agence, Digestiou, arrangéieren, dirigéieren (nieft arranjéieren an dirijhéieren), Bijou, Jalouse.

Den däitsche j-Laut gét a Wiederder wéi Familjen, Trueljen, Kanaaljen geschwät a geschriwwen.

De Buschstaf h gét nét geschriwwen, wann en nét gesot gét: Géi beim Weier nét esou no bei den Drot, 't as geféierlech.

De Laut ks gét mat chs, cks odder x geschriwwen, je nodeem wou d'Wuert hierstaamt: Ochs, sechs, dacks, zu vrecks; Box, Hex.

Amplatz ß gét ss geschriwwen: dass, Haass, spaasseg, Rëss, Komméss, bësschen, Bass.

## IV. Ze verhalen

1. Déi bestémmmt Artikelen gin de(n), d' geschriwwen: de Papp, den Dësch, d'Mamm, d'Kand, d'Fra, d'Uucht, d'Bierger, d'Ettelbrécker.

2. Déi Buschstawen a Lauter, déi ausfallen, wann ee séier schwätz, gin duurh en Apostroph ersat: Hatt sot, et géing elo duer = 't sot, 't géing lo duer. Dat as nét wouer. Da's nét wouer.

3. D'Ennsilb -tion gét -tioun geschriwwen: Natioun, Portioun, Reklamatioun.

4. Geléint franséisch Wiederder gin ewéi am franséische geschriwwen: De Cours, den Terrain; lëtzebuer-gesch Ennsilben gin un dat franséisch Wuert ge-haang: d'Couren, d'Terrainën, d'Bijouën.

Bei Wiederder aus dem Franséische, wou Vokaler »duurh d'Nues« geschwät gin, do gét d'Nasalierung mat engem Hittchen um Vokal gezeechent: D'Membere vum Tîmbereclub. Dës Camiôen gin an der Belsch móntéiert.

Nom R. Bruch sénger Schreibweis misst den ^ wuel um Konsonant (m, n) stoen, ma eis Dréckereie kën-nen nét gutt esou setzen.

5. Den euphonischen »n« an de Flexiouns »s« gin nét un e Wuert drugehaang, si gi fir sech geschriwwen: Ob s de n e wëlls, de Schnapp, odder nét, wann s de n e kriss, dann hues de n en. Datt s de weess, wat s de ze maachen hues.

## V. Zu gudder Lescht

En etlech al Lëtzebuerger Schréftzeeche gin op déi hei Manéier ersat: á = aa: Waasser; ê = ä (ää), ee: Pärel, Gääscht, Geescht; ï = ii: Biischt; ô = oo: Bootscht; û = uu: Duuscht; è = ä, e: Fändel, besser; e' = éi: Déif; o' = ou: Kou, houfereg; ö = é: Bësch, frësch; ß = ss: gewëss, séiss.

Dir huet doudsécher Intressi un eiser Actioun.  
Gefällt lech dës Nummer?  
Dann hëlleft a paakt eng Hand mat un!  
Mir zielen op lech!

---

Président: Lex Roth, Dunant-Strooss 14, Esch-Uelzecht, Tel. 54 08 56

Sekretär a Verlag: Scharel Malané, Pëtz-Strooss 1, Lëtzebuerg-Bounewee, Tel. 48 55 42

Redaktioun: Eis Sprooch, Heng Rinnen, Bësch-Strooss 32, Lëtzebuerg-Zéisseng,  
Tel. 48 61 37

Drock: Kremer-Muller & Cie, Gaarde-Strooss 56, Esch-Uelzecht Tel. 512 85

**Cotisation: op d'manst 50 Frang d'Jor – Kollektivmêmbren 300 Frang.**

Postschecknummer 66 44 (Actioun Lëtzebuergesch, Lëtzebuerg)

Kont bei der Spuerkeess, Lëtzebuerg 1000/7250/4

Jiddereen as gutt fir sain Artikel. — D'Ménong muss nüt déi vun der Verénegong sin.

(C): Eis Sprooch

# 6,50 %

Zënse gët d'Spuerkeess lech op ären Termäinsspuerkonten  
vun 10 Joër

An dobei sin all är Spuergelder bei der Spuerkeess vum Stat  
garantéiert.

E Spuerbuch bei der Spuerkeess as dofir èmmer de beschten a  
sécherste Placement fir haut a muer!



Duerfir vergiesst nüt . . .

Fir mat séngem Geld sécher ze goen,  
soll een èmmer a fir d'éischt bei der  
SPUERKEESS froen!